

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5177 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glese-ner (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Fer-ny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Ni-colas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par Mme Simone Beis-sel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming-er, Alexandre Kriepps (par M. Niki Bet-tendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Naggy (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bet-tel) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Meh-len;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskus-sioun vum Projet de loi 5268 iwwert d'Schafung vun engem Fonds d'urbanisation vum Kierch-bierg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn age-schriwwen: déi Häre Krecké, Schummer, Mehlen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabe-len Här Lucien Weiler.

9. 5268 - Projet de loi modifiant la loi modi-fiée du 7 août 1961 re-lative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du pla-teau de Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Lucien Weiler (CSV), Rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den hono-rabelen Här Gira huet mech gefrot, bei dësem Rapport mech net ze vill laang opzehalen, ob-schonns et e Projet ass, deen an deene leschte Méint zu villen Dis-kussiounen Ulass ginn huet. Et ass mir als Rapporteur leider net gestatt, fir an deem Kontext vum Rapport anzegoen op alles dat, wat sech ronderëm dëse Projet esou gedoen huet an deene leschte Méint.

Ech wëll soen, dass dëse Projet, an esou wéi en a senger definiti-ver Versioun virläit, u sech e Bei-spill ass vu Kollaboratioun och të-schent dem Parlament an der Re-gierung. D'Regierung huet hei a breedem Deeler d'Propositione vum Parlament vun deenen een-zelne Kommissioun, déi sech mat dësem Projet ofginn hunn, uge-

holl. Et sinn zwou Kommissiounen: Et ass d'Budgetskontrollkommis-sioun an et ass d'Bautekommis-sioun, déi dëse Projet examinéiert hunn, gekuckt hunn, iwwerluecht hunn, och opgrond vu Propositioi-nen an Iddie vun der Cour des Comptes.

En fin de compte kënn't e Projet hei eraus, wou d'Regierung eng Rei vu Modifikatiounen erëmfënnt, déi si proposéiert huet, awer wou och eng ganz Partie Propositione vun de Chamberskommissiounen sech hei erëmfannen, an dat Ganzt och op Basis vun Iddien, déi d'Cour des Comptes dévelop-péiert huet.

De Fonds de Kirchberg, an Här President, dofir ass et e bëssen echt esou wéi Der dëse Projet ugekënnegt hutt, mä et ass dat jo och den offiziellen Titel „portant création d'un fonds d'urbanisation du plateau de Kirchberg“; domat mengt een, et géif ee gegrënnt ginn, mä et geet hei ëm d'Modifi-katioun vun deem Gesetz iwwert d'Kreatioun vum Fong vum Kierch-bierg.

Ech wëll als Rapporteur déi puer wesentlechst Modifikatiounen, déi mer un dësem Gesetz vun 1961 virgeholl hunn, belichten. Dëst Gesetz vun 1961 ass zu engem Moment gemaach ginn, wou een de Volumen an d'Envergure vun deenen Aarbechten, déi sech um Kierchbierg am Laf vun deene leschte Jorzéngte gedoen hunn, net konnt gesinn, och net konnt of-schätzen, och net wosst definitiv wéi e Volumen a wéi eng Enver-gure, datt dat Ganzt kréich.

Deementspriechend ass et kloer, dass sech am Laf vun der Zäit erausgestallt huet, datt verschid-de vun den Dispositionen net méi de jëtzege Gegebenheeten uge-passt wäeren, d'autant plus wou am Kader vun der Politik, déi mer déi leschte Jore gemaach hunn an notamment am Beräich vun der Kreatioun vun Établissements pu-blics, déi sech jo multiplzéiert hunn, et noutwendeg ginn ass, dass mer eis géife Linne ginn, fir am Kader vun den Établissements publics net ze vill disparat virze-goën, mä ze versiche lues a lues op eng Schinn ze kommen, wou mer déi eenzel Établissements pu-blics esou wäit wéi méiglech géi-fen an hire Grondstrukturen, an de Grondkonditiounen, de Grondele-menter vun den Établissements publics zesummeféieren.

An et ass net méi spéit wéi haut de Moien, wou den zoustännege Statssekretär eis an der Kommis-sioun déi Guidelinen, déi d'Regie-rung proposéiert an déi mer och wäerten hei am Parlament nach mussen diskutéieren, ob dat an dëser Legislatur oder an där nächster ass, virgeluecht huet.

Ech wëll soen, dass wat déi Modi-fikatiounen, déi hei virgeschloe gi sinn, ugeet, do si klengerer derbäi et sinn awer och gréisserer derbäi, déi hir Importenz hunn. Et geet éischstens drëm wann de Fonds de Kirchberg Terrainé ver-keeft, weiderverkeeft, respektiv och bei Echangen, bis elo war dat esou, dass nëmmen d'Verwaltung konnt déi noutwendeg Akte maa-chen.

Déi gesinn ewell vir, dass esou Ak-ten net nëmme kënnen duerch d'Verwaltung gemaach ginn, mä och duerch notariell Akten, virun allem well et sporadesch och zu Ventés aux enchères kënn't, wou et zu Versteeyege kënn't an deem-entspriechend souwisou en No-taire implizéiert ass an déi ganz Prozedur an een net gesäit, firwat datt, wann den Notaire eng Stee ofgehalen huet, den Akt da muss vun der Verwaltung gemaach ginn an net vun deemselwechten No-taire, deen déi ganz Prozedur ge-maach huet, ka gemaach ginn. Dat ass en éischte Punkt, dee mer proposéieren.

En aneren ass e gréissere Punkt, wou och de stännege Fuerderun-ge vum Parlament Rechnung ge-

droe gëtt. Dat ass wat de Conseil d'administration vum Fong ube-laangt. Dee gëtt opgestockt vu fënnef op siwe Leit. Dat schéngt an deenen Zäiten an opgrond vun deenen Elementer, déi ech virdrun développéiert hunn, normal ze sinn.

Am Text war bis elo dran, dass déi Membere vum Conseil, ob elo fën-nef oder siwen an Zukunft, zum Deel vu Représentantë vum Minis-tère de tutelle, an dat ass de Bau-teministère, sollte gestallt ginn. Mir als Kommissioun hu gemengt, dass een hei der Regierung soll fräi Hand loossen. Si soll vu sech aus hir Propositione maachen. D'Nominatioun gi vum Grand-Duc virgeholl. Wéi gesot, d'Regie-rung soll do fräi Hand hunn, woubäi et eis awer geschéngt huet, dass et normal ass, dass an esou engem Fong wéi deem vum Kierchbierg mat senger Struktur, och mat senger Interaktioun, déi en huet mam Stat, et normal ass, dass awer ëmmer an esou engem Conseil d'administration e Vertrie-der vum Bauteministère, vläicht och wéi dat an der Vergaangen-heet war, vum Finanzministère sollt dra sinn. Dat si Suggestiou-nen, déi mir un d'Regierung wei-derginn, obscho si opgrond vun deem Text, dee mir proposéiert hunn hei, fräi Hand behält.

Et bleift, dass mer mengen, ouni dass mer et an den Text dra gesat hunn, datt d'Stad Lëtzebuerg soll e Vertrieider hei hunn. Dat schéngt mer evident. De Kierchbierg ass och d'Stad Lëtzebuerg a wat do geschitt dat interesséiert ganz enk de Schafferot an och de Conseil vun der Hauptstadt, an dofir denke mer, dass et normal wär an et ass och dat eng Suggestioun vun eis un d'Regierung, fir e Représentant vun der Stad Lëtzebuerg heihin-ner ze delegéieren.

Déi Memberen hunn e Mandat vu fënnef Joer an eng vun de ganz groussen a wichtege Fuerderun-gen, déi ëmmer do waren, war, dass an deem Conseil d'adminis-tration keng Fonctionnaire méi sollte sinn, déi selwer de par leur fonction dozou beruff ware fir de Fong ze kontrolléieren. Dat war déi grouss Diskussioun, déi mer haten. Ech ginn net méi dorobber an. Dee Problem ass mat dësem Text geléist. Et kënnen net méi Member gi Leit, déi de Fong vum Kierchbierg, par exemple iwwert de Wee vun engem Ministère, egal wéi een dat elo wär, kontrolléieren. Déi Leit sollen onofhängeg sinn, an net de Contrôleur och de Contrôlé sinn. Dat ass gekläert heimat, eng Fuerderung, déi mir ëmmer haten a wou mer frou sinn, datt se am Text dran ass.

De Règlement d'ordre intérieur vum Kierchbierg, dat ass am Text festgehalen, dee muss geholl ginn. Iwwregens leien eis Model-ler vir, wéi dee soll ausgesinn.

Da wat d'Missioun vum Conseil d'administration ubelaangt, esou huet d'Regierung se formuléiert, méi breet ausgedäitscht, wéi dat an deem alen Text de Fall war. Dat schéngt mer och normal ze sinn opgrond vun der Evolutioun, déi um Kierchbierg stattfonnt huet.

Mir als Kommissioun hunn eng Rei net esou séier quant au fond nach Elementer bäigesat, mä virun al-lem awer wat den Aménagement vun deene Missiounen ubelaangt, déi de Fong eleng ka maachen, respektiv déi, déi en ënnert der Tutelle vum Ministère muss maa-chen. Déi waren u sech hei virge-sinn, mä opgrond vun de Formu-latiounen, déi gebraucht waren, hu mer do Aménagement virgeholl, notamment zum Beispill wat d'Po-litique générale du fonds ube-laangt. Déi stong virdrun am Ka-der vun deene Missiounen, déi si eleng kënnte maachen. Mir men-gen awer d'Politique générale

vum Fong misst eppes sinn, dat nëmme kënn't ënnert der Tutelle an ënnert der Approbatioun vum zoustännege Minister stattfannen.

De Concept global d'urbanisation wéi de Kierchbierg sech soll entwéckelen, a wéi eng Richtung, datt en sech soll entwéckelen, denkt d'Kommissioun, dass dat nëmme kënn't ënnert der Tutelle vum zoustännege Minister statt-fannen.

Dann déi grouss Diskussiounen, déi mer haten - an d'Kolleegeen, déi an de Kommissiounen waren, wëssen dat - iwwert de Comité exécutif. Ënnert dem Conseil d'ad-ministration gouf et ewell e Comité exécutif, deen an den Ae vun der Regierung eng Base légale hat, an den Ae vun anere Leit, notam-ment der Cour des Comptes, och verschiddene Gruppen heiban-nen, keng Base légale hat.

De Fait, datt ënnert dem Conseil d'administration e Comité exécutif soll sinn, dee sech mat der Ges-tion journalière öffentt, ech men-gen, do si mer eis an der Kommis-sioun zum Schluss praktesch alle-guerten eens gewiescht: „Il faut en avoir un“, mä mir mussen em eng Base légale ginn a mir musse kloer definéieren, wien an deem Comité exécutif dran ass. Dat ge-schitt duerch dësen Text. De Co-mité exécutif kritt seng Base lé-gale an et sinn dräi Membere vun deene siwe Membere vum Conseil d'administration, déi do siègéie-ren an déi sech da kënnen entou-réiere mat all méiglechen Exper-ten, déi si noutwendeg fannen. An et geet hei haaptsächlech ëm d'Préparatioun vum Dossier fir de Conseil d'administration.

Dann déi grouss Fro, déi an dë-sem Text gekläert ass, déi een awer muss à la lumière vun deem wat dës oder déi nächst Regie-rung festhale wäert a puncto Éta-blislements publics, a puncto Klassement vu verschiddene Ka-tegorië vun Établissements pu-blics, a puncto vu Gesetz wat vläicht eng Kieler kënn't oder wat och net kënn't, sech kloer maache wéi de Statut vun deene Leit, déi an dësem Établissement public, mä och an deenen aneren Établis-sements publics schaffen, soll ausgesinn.

Ech denken, mir sollten an dësem Kader an an deem Stadium wou mer elo sinn, eis op där Pist wei-derbewegen, déi mer bis elo defi-néiert hunn. Fonds Belval, Fonds vum Kierchbierg, de Statut vum Droit privé fir d'Personal. Wéi ge-sot, wann dës oder déi nächst Re-gierung hir Positiounen affinéiert huet a puncto Klassement vun Etablissements, muss een op déi Fro zrëckkommen, muss een déi am Hibleck vun deem, a wéi eng Richtung, datt ee sech da be-weegt, klären.

An dësem Stadium, denken ech, wär et richtig fir hei ze soen, mir wëllen, datt dat Personal, wat an Zukunft engagéiert gëtt, ënnert dem Statut vum Droit privé enga-géiert gëtt, quitte datt déi Leit, déi elo do sinn - an dat sinn der ganz weénege, ech mengen, wann ech de Chiffer richtig am Kapp hunn, sinn et sechs Statsaarbechter, déi am Statut de droit public sinn, mä et sinn der, déi an der Carrière vum Aarbechter sinn - selbst-verständlech hire Statut behalen. Déi aner sinn alleguerten am Sta-tut vum Droit privé. Déi bleiwen doranner. Déi, déi engagéiert ginn, kommen och an de Statut vum Droit privé, grad wéi dat am Fonds Belval ass.

Also si mer elo emol, wat deen do Problem ubelaangt am Fong vum Statut weéinstens bei deene lesch-ten Etablissements, déi mer ge-grënnt hunn, déiselwecht Schinn gefuer, sous réserve awer vun deem, wat ech virdru gesot hu vun der Richtung, déi déi nächst Re-gierung an dëser Thematik aschloe wäert.

An dann de leschte Punkt, dee jo zu ganz ville Kontroversen Ulass

ginn hat, deen iwwert d'Gestion fi-nancière an de Contrôle vun der Cour des Comptes. Mir hu laang an hefteg driwwer diskutéiert. En fin de compte huet sech awer erausgestallt, dass mer eis ganz séier eens waren, an deem Sënn, wou mir als Parlament, d'Majoritéit zesumme mat der Opposition, der Meenung sinn, dass de Fong weider, sou wéi dat och an der Vergaangenheet war, der Kontroll vun der Cour des Comptes soll ënnerleien, an datt, wat déi ganz Finanzgestioun ubelaangt - an déi zoustänneg Bauteministesche, d'Madame Hennicot, huet eis ge-sot, dass an där Proposition de texte, sou wéi d'Regierung se ge-maach hat, datselwecht viséiert war, et selwecht gesi war - et ni d'Intention war déi Gestion finan-cière aus dem Contrôle vun der Cour des Comptes erauszehue-len.

Bon, ech denken, ofgesi lo vun der Diskussioun, déi mer haten, ronderëm hei textuell Formulatiou-nen, bleibt et, d'Regierung an d'Parlament sinn op därselwech-ter Schinn. Dee Fong soll a senger Gestiou vun der Cour des Comptes kontrolléiert ginn, sou wéi mer dat an der Vergaangen-heet haten.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren ...

(Interruption)

... déi puer wesentlech Neierun-gen, déi mer an dësem Gesetz proposéieren, woumat mer men-gen, dass mer de Fong vum Kierchbierg verbesseren, fir deen et jo och Propositions de loi gouf fir en ofzeschaffen, mä ech men-gen, et ass awer keen de Moment sou begeeschtert fir en ofzescha-fen, well e seng Utilitéit huet a well et eng Struktur muss ginn, an de Stat dee Kierchbierg do en tant que tel ganz schwéier géréiert kritt, denken ech, dass et schonn an der Rei ass, dass mer dee Fong de Realitéiten, wat déi prak-tesch Exekutioun ubelaangt, méi no bruecht hunn, an och der Praxis, wéi se vum Fong an deene leschte Joren ausgeübt ginn ass.

Deementspriechend recomman-déieren ech der Chamber am Numm vun der zoustänneger Kommissioun, déi ënnert dem Strotzen Néckel deen hei Projet fi-naliséiert huet, woubäi ech awer net wëll d'Kommissioun vum Här Krecké vergiesen, notamment déi vum Contrôle budgétaire, déi och hir Propositionen hei ge-maach huet an déi zu engem groussen Deel vun eis iwwerholl gi sinn, fir och him merci ze soe fir déi Kollaboratioun. D'Kommis-sioun proposéiert lech deen Text hei unzehuelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éisch-te Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Weiler huet bewi-sen an dësem Rapport, dass wann hie fein an objektiv ass, een en och ka luewe fir dat, wat en hei virbruecht huet, a wann e partei-politesch Geplänkel mécht wéi virdrun, da kann een natierlech net mat em d'accord sinn. Dofir mäi Luef an dee vu menger Frak-tioun dofir, dass Dir gréissten-deels déi Remarquen, déi vun ei-ser Fraktioun op alle Fall vir-bruecht ginn um Niveau vun der Budgetskontrollkommissioun, d'accord waart ze iwwerhuelen.

Et dierf een awer net vergiesse bei deem ganze Luef, deen Dir elo hei notamment un d'Regierung ge-maach hutt, dass deen Text, dee mer am Ufank virleien haten, awer notamment bei der Kontroll vun der Cour e gréissere Problem duergestallt huet an dass et Deeg gedauert huet bis ee kloer gesinn huet, wou een do géing higoen.

Ech muss och soen, bei de Marchés publics gëtt een och d'Gefill net lass, dass een d'Impressioun hat, dass deen zoustännege Mann am Ministère och hei erëm probéiert huet de Fong erauszehuelen aus de Marché-publicen, dofir dat laangt Hin an Hier - do ass net vill driwwer Rieds gaangen.

Et muss een awer soen, dass mer laang hin- an hiergefuert sinn, dass kee richteg den Duerchbléck ee Moment hat, wat dann hei gemengt ass, mä wahrscheinlech wousst de President vum Fong ganz genau, wat en hei géng aschreiwen. Glécklecherweis huet d'Cour eis erëm eng kéier drop opmierksam gemaach, wat hei erëm amgaange war ze gescheien.

Da muss ech e Wuert soen iwwert dee Comité exécutif. Eleng dat Geplänkels ronderëm dee Comité exécutif weist, mengen ech, dass mer eng Rei Regelen eis musse ginn am Fall, wou et keng Direktioun als solches gëtt, wéi dat elo beim Fong Belval ass, an ee wierklech e Comité exécutif wëllt dohinner setzen. Da soll ee sech e puer gemeinsam Regele ginn. Ech mengen, hei huet e Comité exécutif existéiert, wou Leit dra waren, déi awer net am Conseil d'administration als solches dra waren. Dat heescht am erweiderte Krees waren déi Leit iwwerhaapt net dran, an et ass befollegt ginn, mir hu jo gesot: E Comité exécutif soll an esou enger Situatioun trotzdeem d'Emanatioun si vun engem Conseil an net op eemol e Gremium à part. An dat eleng weist, dass mer eng ganz Rei Regele misste festsetze fir déi verschidde Kategorië vun Établissements publics, déi mer hunn.

Firwat, Här President, wäert eis Fraktioun hei eng Abstentioun wien an et dofir stëmmen? Dat ass, well kee bereet war, elo am allerleschte Moment trotzdeem eppes bäizefügen, wat zu grousser Kontroverse gefouert huet bei eis an der Kommissioun. Wat war et? D'Cour des Comptes huet monéiert, dass de Fonds d'urbanisation de Kirchberg Participatioune geholl huet, an zwar Participatiounen un der Société immobilière vun der Foire. An dat ass e Gesetz, wou de Stat seng Participatiounen an den 90er Joren eng kéier definéiert huet, a schonn do war et hei an der Chamber net opgefall, dass am Exposé des motifs stoung, de Fong hätt Participatiounen, an a sengem Gesetz ass dat awer net virgesinn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

An deene Fäll, wou den Établissement public ka Participatiounen huelen, steet et nämlech am Gesetz. Hei steet et net dran. Et kann een also net soen, wann et net drasteet, ass et erlaabt. Et ass emgedréint, wann et net drasteet, dann ass et eben net erlaabt. A mir hunn ähnlech Fäll gehat beim Fonds du Logement, wou mer elo gemierkt hunn, wat de Stat u sech vun Engagementen do hält. De Fonds du Logement huet och eng ganz Rei Participatioune geholl, ouni dass en d'Autorisation hat hei vum Parlament, fir dat ze maachen, a wou en elo kräfteg Perté muss mat a Kaf huelen, kräfteg Perten, déi mir mussen als Parlament awer dann acceptéieren, woubäi mer d'Autorisation net ginn hunn, fir iwwerhaapt Participatiounen ze huelen.

Do ginn d'Meenungen ausenaner. Déi eng hu gesot, de Fong soll keng Participatiounen huelen, déi aner hu gesot de Fong soll der huelen. Da fannen ech - an dat ware jo d'Majoritéitsparteien, déi der Meenung waren, de Fong soll Participatiounen huelen -, dann hätt een dat missen abauen. Ech muss agestoen, dass ech zu deem Zäitpunkt och net dru geduecht hunn an net konnt wëssen, dass mer hannendrun - a mir wäerten iwwert dat Gesetz herno stëmmen - e Gesetz virgeluecht

kréien, wou mer erëm eng kéier bewise kréien, dass de Fong tatsächlech Participatiounen huet, a sief et nëmmen a sengem Exposé des motifs. Do steet erëm eng kéier dran, dass de Fong zu engem Drëttel Participatiounen huet, während dat a sengem Gesetz u sech net erlaabt ass.

Madame Minister, ech hunn lech ëmmer gesot, eis Fraktioun wäert dat Gesetz do net blockéieren. „Mir hätte gären deen Zousaz.“; wann Dir där Meenung sidd - mir waren net där Meenung -, mä wann Dir als Minister där Meenung sidd, dann hätt Dir deen Zousaz sollen derbäi maachen an d'accord sinn deen Zousaz derbäi ze maachen. Ech sinn iwwerzeegt, an enger Navette mam Conseil d'État - de Moment geschéie vill schlimmer Saache wéi dat do - hätt een dat fir d'nächst Woch kënnen roueg um Ordre du jour hunn.

(Interruption)

Här Weiler, ech werfe jo kengem vir, en hätt et wëssentlech iwwersinn! Ech soe just, wéi mer et gesinn hunn, war nach Zäit fir et ze redresséieren. Dir wëllt et net maachen, dat ass de Grond, firwat dass mir hei eng Abstentioun musse maachen.

(Interruption)

Ma jo, mir wëllen net déi sinn, déi onnëtzerweis e Projet ophalen, Här Weiler. Dir maacht einfach den Ënnerscheid net tëschent Projeten, déi laang diskutéiert gi sinn, a Projeten, déi iwwert de Knéi gebrach ginn. Deen heiten ass laang diskutéiert ginn a wann do en fin de parcours festgestallt gëtt, dass e Problem ass, ma da soll eng Navette hin- an hiergoen. Mir fannen et net gutt, mä bon, do-runner ass och d'Parlament schold, a mir mat.

Dofir si mer der Meenung, dass mer an deem Moment dat hätte solle maachen, dann hätte mer et d'nächst Woch en toute sérénité kënnen hei stëmmen. Dir sidd anerer Meenung, da musst Dir eben acceptéieren, dass mir net kënnen domat d'accord sinn.

Mir kënnen och net d'accord sinn iwwert déi Prozedur, déi jo awer och am Suivi vun deene ganzen Diskussiounen ass iwwert de Fonds vum Kierchbiereg. Well hei muss ee jo mol eng kéier soen, Här President, mir schwätzen hei ëmmer iwwert de Fonds vum Kierchbiereg, mä de facto schwätze mer am Fong geholl iwwert de Fonctionnement vun eisen Établissements publics tout court. An et ass unhand vun engem Beispill, wou mer elo vläicht méi Ugrëffspunkten oder méi Kritikpunkten - Kommt mir nennen et esou! - fonnt hunn a wou mer och ofgelehnt hunn déi Noutwendegkeet fir eng Rei Richtlinne festzesetzen.

Mir sinn a bleiwen der Meenung, dass dat eng Loi-cadre soll sinn, déi genau wéi dat elo an engem Dokument vun der Regierung scheinbar - Scheinbar! - virgesinn ass, Kategorië schafft an eng Rei Regele schafft. Mä mir hätte gär, dass dat öffentlech diskutéiert gëtt, dass dat hei och dee Cadre légal kritt, deen et verdéngt. Ech muss soen, ech war net an där Kommissioun de Moien, well deen zoustännege...

(Interruption)

Jo, jo, mä en huet mer bericht, dofir soen ech jo, den zoustännege Statssekretär ass an d'Kommissioun vun der Fonction publique an der Réforme administrative gaangen. Ech wier frou gewiescht, wann e fir d'éischt mol an déi Kommissioun komm wier, déi wierklech dee ganze Steen un d'Rulle bruecht huet. En huet dat net gemaach; dat mécht näischt.

(Interruption)

Reegt lech net direkt op! Dat mécht näischt!

(Interruption)

Mä et ass mer gemellt ginn, de Moien hätt hien iwwert dat geschwat an hätt refuséiert en Text dohinner ze leeën. Dat heescht deen Text, deen...

(Interruption)

Glift?

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - De Statssekretär huet de Moie gesot, hie wär bereet deen Text sofort der Kommissioun zur Verfügung ze stellen, mä deen Text muss finaliséiert ginn. Dat ass eng Affär vun Deeg, da kënnen mer deen Text kréien. Do ass kee Problem.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mä ech froe mech: Wéi steet dann e Parlamentarier vis-à-vis vun deene Leit? De Moien hate mir eng Entrevue mat Leit, déi huele frisch fröhlich deen Text eraus. Dat ass e Grupp vu Leit, déi froe fir mat eis eng Entrevue ze hunn. Déi huele frisch fröhlich deen Text eraus, déi hunn näischt mat der Regierung ze dinn, ni de près ni de loin, an näischt mam Parlament ze dinn an déi huelen den Text eraus a stellen eis Froen.

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Wien?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Weiler, ech soen lech et herno, mä ech mengen et ass net hei op der Tribün, wou mer iwwer esou Leit solle schwätzen.

Et ass awer net normal, dass do Leit alleguere schonn déi Texter hunn, d'Parlamentarier kréien den Text presentéiert a kréien en net mat. Ech hu gefrot: Gitt mir deen Text! Do krut ech gesot: Neen. A mir kruten en net mat. Dunn hate mir eng Entrevue um zéng Auer, quasi deeselwechte Moment, an do huet een e virgeluecht an en huet Froen driwwer gestallt. Do hu mir gesot: Ma wat ass dat doten dann, wann elo en x-Beliebege ka kommen an deen huet den Text a mir hunn en net? Dat fannen ech einfach net normal, an ech muss soen...

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Här Krecké, ech muss awer soen, wann Dir elo hei der Regierung ënnerstellt, si hätt deen Text do weiderginn un iergendwelch Leit, mir kënnen dat net vérféieren.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Jo, mä et stëmmt awer. Ech soen lech herno wat fir Leit en haten, leet Äre Kapp a Rou, ech soen lech et herno, mä dat gehéiert net hei op d'Tribün, Dir musst mir dat einfach elo gleewen, ech soen lech d'Nimm och herno.

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Oh jo!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ma jo, Här Weiler, Dir kënnt et gleewen oder net. Dir gleeft u vill Saachen, déi Der net richteg kënnt beweisen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Huet dee Grupp dann den Text kritt oder huet e sech e beschafft?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ma dat ass dach egal, ech stelle just fest, dass ech als Parlamentarier deen Text net hunn.

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Neen, neen, dat ass nach laang net egal!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Si haten den Text; Punkt faerdeg. An ech ka mir net virstellen, dass se sech e beschafft hunn, well et gi jo awer keng Fuiten um Niveau vun der Regierungsadministra-

tioun, dat kann ech mir jo net virstellen.

Une voix.- Ah!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Vlächcht zum Rappel, wann Dir erlaabt, Här Krecké, fir dat ze ergänze wëll ech lech...

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Hutt Dir en och kritt?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Neen, neen. An der Budgetskontrollkommissioun virun drai Méint hat den Här Schaack sech verflappt, wéi e gesot huet,...

Une voix.- Oh!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - ...dass d'Kritäre schonn d'lescht Joer am Hierscht am Conseil de Gouvernement diskutéiert gi wären an dass se wahrscheinlech esou November/Dezember duerch de Conseil de Gouvernement gaange wären. De Punkt ass just deen...

(Interruption)

Jo dach, Här Rippinger, Dir kënnt dat roueg nokucke goen...

(Interruption)

Neen, si waren deemools schonn do an do hu mir och als Kommissiounsmembere gefrot: Firwat kréie mir déi Texter dann net eng kéier gewisen?

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - ...net am Regierungrot.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Den Här Schaack huet dat selwer gesot; den Här Schaack ass jo awer nach am Regierungsrot dran - bis auf Weiteres.

(Interruption)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - An, Här President, firwat dass aner Leit en hunn an d'Parlamentarier en net deen Dag kréien, wou si e virgestallt kréien, ass fir mech e Rätsel an dat bleift e Rätsel, an dat féiert zu folgendem Missverständnis, Här President.

Mir ass beispillsweis bericht ginn, dass do erëm eng kéier drasteet, dass d'Cour des Comptes nëmmen dann, wann et am Gesetz steet, soll eng Kontroll kënnen ausüben. Mir ass bericht ginn - méi kann ech jo net maachen, vu dass ech den Text gefrot hunn an ech krut en net -, dass erëm eng kéier gesot ginn ass, an deem Text géif dat esou stoen, d'Cour des Comptes géng nëmmen déi Kontrollen duerchzéien, déi am Gesetz virgesi waren.

Wann dat esou ass, ma da sidd Dir jo awer alleguerten an der Majoritéit Hampelmänner. Mir hunn dach awer en Accord politique ënnerenaner gehat, wou mer gesot hunn, Här Weiler: Dat dote wëlle mir net.

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Also, Här President, ech acceptéieren net, dass den Här Krecké heihinner kënnt an eis op Grond vu Suppositiounen, déi hie mécht, als Hampelmänner tituliert.

(Hilarité)

Hie seet, wann dat sou wär, da wär déi...

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ma da sot mer ob et esou ass!

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Dat do ass e Stil, dat ass...

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Wie war dann de Moien dobäi?

Une voix.- Dir net!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ma jo ebe grad dofir! Ech kann nëmmen op dat goen, wat ech be-

richt krut. Hätt ech den Text, da géng ech lech et virlesen.

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Mä Dir kënnt awer net hei mat Suppositiounen kommen a soen, wann dat eventuell esou ass.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, ech loosse dat oprecht.

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Dat ass e Stil, Här Krecké, dee passt net bei lech.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech loosse dat oprecht. Ech fannen et net normal, wa mir en Accord politique ënnerenaner hei hunn, fir deem doten endlech e Rigel virzeschiben an ze soen: D'Cour des Comptes huet de Contrôle ze maachen. An de Moie kënnt dann de Statssekretär an Numm vun der Regierung a seet anscheinend erëm eng kéier de Contraire. Ech kann et net beweisen, ech hunn den Text net, mä meng Leit hu mir dat bericht.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*. - Hien huet da zu kengem Moment gesot!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Da muss ech soen, Här President, Dir wësst et ganz genau, ech hunn et schonn e puer Mol gesot, mir maachen hei am Moment eng Aarbecht, wou mer eis froen: Firwat maache mir eigentlech déi ganz Aarbecht? Mir schreiwen elo an all Établissement-public-Gesetz de falschen Text. Mir refuséieren awer dat ze änneren. Mir sinn eis eens, dass et de falschen Text ass, awer mir stëmmen elo hei monter ëmmer erëm Texter, wou dat Falscht drasteet, nämlech de Concours financier anstatt d'Gestion financière. Dat stëmme mir elo all kéiers hei of an da wonnert Dir lech, dass mir rosen doriwwer ginn.

Dat ass keng Aart a Weis ze schaffen. An et ass jo net, dass mir dat dote geschier entdeckt hunn, mä dat hu mir säit Méint gesot an da fannen ech, dass awer zumindest um Niveau vun der Regierung misst higaange ginn, fir eng seriö a propper Aart a Weis hei mat der Chamber ze fannen.

(Interruption)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*. - Här Krecké, Dir waart awer 15 Joer laang mat deem Text vun den Établissements publics vum Fonds de Kirchberg d'accord an Dir sidd och gutt gefuert domadder.

(Hilarité)

Firwat hutt Dir en dann dunnt net geännert?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Madame Ministesch, dierf ech lech an Erënnerung rufen, dass mer eng Budgetskontrollkommissioun agefuert hunn 1999 an dass déi eng Aarbecht gemaach huet, déi virdu kee Mënsch gemaach huet. Dass et eng Cour des Comptes ginn ass, Dir wësst dat ganz genau...

(Interruption)

Oh, ma wann ech gelift, Här Rippinger.

Dir wësst ganz genau, d'Chambre des Comptes: Wat huet déi gemaach, Här President? Déi ass higaangen an huet bei all Paiement misse jo oder nee soen, ob et legal ass. Dat ass alles, wat déi Chambre des Comptes gemaach huet. Mir hu se ersat duerch eng Cour des Comptes, eng Cour des Comptes, déi mëttlerweil e ganze Koup aner Kontrolle mécht, wéi dat déi Chambre des Comptes virdu gemaach huet. An déi Cour des Comptes seet: Alles dat, wat do virdu geschitt ass, ass net richteg, kommt mir änneren et, et

ass jo keen, deen opgehaange ginn ass dowéinst. A wann et elo falsch ass, da war et och virdu falsch, mä et huet keen et monéiert an déi Cour des Comptes hei huet gesot: Dat doten ass net richtig. An do ware mir eis alleguerten eens, fir dat esou ze maachen an da kann ech net verstoen, dass elo eng Regierung net gewëllt ass dee Wee ze goen.

M. le Président.- Här Krecké, sidd Dir d'accord, dass den Här Weiler lech eng Fro stellt?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Den Här Weiler dierf bei mir ëmmer eng Fro stellen.

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Här President, ech hunn den Här Krecké elo net verstanen, wéi e gesot huet: Mir stëmmen elo weiderhin hei monter Texter of, déi d'Terminologie vum Concours financier virgesäit. Ech froen den Här Krecké e soll mir soen, wéi e Gesetzestext mir elo nach ofstëmmen, deen de Concours financier virgesäit. An dësem Text ass de Concours financier eraus a mir hunn d'Gestion financière drastoen. Wéi een Text kënnt dann nach, wou de Concours financier drasteet?

Une voix.- D'lescht Woch hu mer nach ee gestëmmt, wou et de Contraire wor!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mir haten d'lescht Woch nach een.

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Jo, wéi een dann?

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Et war d'Rockhal. Voilà.

M. Ben Fayot (LSAP).- Mir hunn d'lescht Woch den Text vum Établissement public...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, do steet Concours financier dran.

M. Ben Fayot (LSAP).- ...a mir hu missen extra an de Rapport vun der Madame Stein e Saz drasetzen, fir dass et kloer ass, dass de Contrôle vun der Cour des Comptes sech iwwert dat Ganzt erstreckt an net nëmme reng iwert de Concours financier, dat hu mir unanime an der Commission de la Culture d'lescht Woch an de Rapport dra gesat.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Voilà, dat war d'lescht Woch.

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Waart Dir lech dann do eens, dass de Contrôle vun der Cour iwwert déi ganz Fourchette leeft?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, mir waren eis doriwwer eens, mä den Text ass awer leider esou, dass wa beispillsweis deen Établissement public dat refuséiert, da kann et net geschéien. Well laut dem Texte légal kann et net geschéien, Här Weiler. Et deet mir Leed.

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Dat ass eng Interpretatioun, Här Krecké, Dir wësst dat, Dir hutt déi bei dësem Text ginn, Dir hutt se och deemools ginn, mä mat den Interpretatiounen ass et esou - an Dir hutt et virdu selwer gesot -, déi eng sinn där Meenung an déi aner sinn där Meenung.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Neen, neen, beim Concours financier ware mir alleguerten darselwechter Meenung, Här Weiler. Mir waren all darselwechter Meenung.

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Dir hutt awer Recht, mir sollen eis elo zum Zil setzen, fir an den Texter all Kéiers déiselwecht Terminologie ze gebrauchen, nämlech déi vun der Gestion financière.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, ech stelle fest, dass mer d'lescht Woch nach esou een ofgestëmmt hunn, kuerz virdu hu mir esou een ofgestëmmt. Ech soen einfach: Et ass net normal. Mir hunn och am Joer 2002/2003 e Gesetz hei gestëmmt, wou ech drop opmierksam gemaach hunn, dass dat net richtig wär, wou mir de Contrôle vun der Cour des Comptes bei der Kannergelds-keess erausgeholl hunn; de Contrôle récurrent hu mir erausgeholl!

Wat huet d'Cour des Comptes eis elo gesot? Ma se huet eis gesot: Beim Recouvrement do ass e Problem. A lauschtert emol gutt no, beim Recouvrement am Joer 2000, vu ronn 129 Milliounen aler Frang, déi dat Joer duerno op 169 souguer ugewuess sinn, do hu mir gesot: Jo, mä wéi ass dat? Dat kann dach net sinn, dass mer do esou vill Suen ausstoen hunn, dat sinn des paiements indus, déi d'Cour des Comptes do monéiert. Do hu mer gesot: Bon, kommt mir ginn eng Rei Regeln eraus, dass Der dat dann eventuell d'nächst Joer, wann Der Är Kontrolle maacht, kënnt kontrolléieren.

D'Äntwert vun der Cour des Comptes war - an ech hunn deemools drop opmierksam gemaach -, dass, doduerch dass mir dat Gesetz esou gestëmmt hunn, wéi mir et gestëmmt hunn, dat de Problem wär: Duerch dat Gesetz, wat Dir gestëmmt hutt, kënne mir d'nächst Joer kee Contrôle récurrent maachen, mir kënnen héchstens e Rapport spécial maachen, mä mir kënne keen normale Contrôle maache goen, sou wéi mir dat elo all déi Jore konnte maachen. Doduerch dass d'Chamber dat erausgeholl huet - géint de Wëlle vu menger Fraktioun, soen ech lech hei nach eng Kéier - hu mer elo och erëm eng Kéier déi Situatioun, dass mir eppes virfanne wou mir soen: Dat do ass net richtig. An op där anerer Säit gëtt dann d'Cour des Comptes empêchéiert, dat nozesichen; dat bleibt einfach en Nögeschmaach.

Ech weess, dass déi Leit aus der Majoritéit an den Diskussiounen bereet waren deem opzehëllefen, mä dat bleibt awer e schlechten Nögeschmaach, well mir dann awer net d'Konsequenz hunn an d'Texter déi Saachen esou anzeschreiwelen, dass dat do ee fir allemol vum Dësch ass. Kommt mir ginn eis dach eens a mir stëmme keen Text méi esou. Mir hunn op alle Fall net méi Wëlles nach esou Saache matzestëmmen, well mir maachen eis lächerlech. Mir sinn eis eens driwwer, dass dat net richtig ass a mir stëmme et. Firwat? Ma well eng Majoritéit elo onbedéngt nach eenzel Projekte wëllt duerchdrécken, och wa Feeler dra sinn. A wann ech virdu gesot hu Feeler oder Schwächen dra sinn, dann ass dat doten ee vun deene ville Beispiller, déi ech virdu net opgezielt hunn, mä wou ech kéint weiderfuere...

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Här Krecké, da war d'Rockhal awer e schlecht Beispill,...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Firwat dann?

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- ...well ech erënnere mech un 1999 mat der Rockhal; ëm Gottes Wëllen!

Une voix.- Dat war e ganz gudder Projet, Här Weiler.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Also, Här Weiler, Dir hutt eis den Défi gesat en Etablissement ze nennen. D'lescht Woch hutt Der e gestëmmt.

(Coups de cloche de la Présidence)

A wann de CITA komm wär, hätt Der genau datselwecht gestëmmt, dat soen ech lech. Et ass just, dass en net komm ass. En ass net komm wéinst deem dote Punkt, mä wéinst anere Punkten.

Duerfir, Här President, wa mer och mat gréisstendeels deem, wat den Här Weiler am Numm vun der Commission des Travaux publics - an, huelen ech un, och am Numm vun der Budgetkontrollkommission - virgedroen huet, kënnten d'accord sinn, kënne mer deem leschte Punkt, dee feelt, dee vun de Participatiounen, net eis Zoustëmmung bréngen a mir wäerten eis enthalen dobäi.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Krecké. Den nächste Riedner ass den Här Schummer. Dir hutt d'Wuert, Här Schummer.

M. John Schummer (DP).- Merci, Här President. Ech kommen net derlaanscht, am Kader vun dësem Gesetz déi excellent Proposition de loi vu mengem Parteifréind Henri Grethen, déi hien de 26. Februar 1997 hei an der Chamber déposéiert hat, an déi d'Nummer 4283 huet, ze rappéléieren. Dës Proposition de loi hat zwee Artikelen, an ech erlabe mer lech se nach eng Kéier virzeliesen:

„Art. 1.- La loi modifiée du 7 août 1961 relative à la création d'un fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg est abrogée.

Art. 2.- L'actif et le passif du fonds sont repris par l'État.”

Mä, Här Fayot, well een an engem Mariage genau d'selwecht wéi och an enger Koalitioun zu zwee muss sinn...

(Interruption)

...zu zwee muss sinn, ass dës Proposition de loi leider net am Koalitiounsofkommes zrëckbehale ginn.

(Interruptions)

Mä ech ginn d'Hoffnung net op, an duerfir steet se jo och nach ëmmer prett, fir dass eng nächst Regierung eventuell kann drop zrëckgräifen.

Mä, Här President, dass beim Fong...

(Interruption)

Ech hu vum Här Grethen senger excellenter Proposition de loi geschwat! Okay?

(Interruptions)

Mä, Här President, dass beim Fong munches am Uerge louch beweist, dass mer dëst Gesetz elo hei diskutéieren an dem Fong awer eng aner Nues ginn. Ech bedauern aganks och, dass mer mat dësem Gesetz näischt kloer stoen hunn, an den Här Krecké huet dat jo zur Genüge gesot, wat d'Prise de participation vum Fong an anere Gesellschaften kloer regelt. Mä, wéi gesot, da musse mer dat iergendwann eng Kéier nohuelen an eng nächst Chamber muss sech dann doriwwer Gedanken maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fonds d'urbanisation de Kirchberg war jo an der lescht relativ vill am Kräizfeier, an eis Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire huet jo och ganz kloer eng Partie Froen opgeworf bei Geleeënheet vum Rapport spécial, deen d'Cour des Comptes iwwert d'Joer 2000 etabléiert huet.

Dës Kommissioun, d'Comexbu, huet dann och d'Regierung gefrot, an ech zitéieren: „de légiférer en la matière“, wat jo heimat geschitt

ass, an dat, muss een awer agestoen, op eng rapid an zügeg Aart a Weis. De Rapporteur Lucien Weiler, deem ech vun hei aus nach eng Kéier merci soe fir seng excellent Aarbecht, souwuel vu sengem schrëfleche wéi och sengem mündleche Rapport, huet dat jo och gesot: Et geet hei ëm den interne Fonctionnement vum Établissement public. Mir kommen also mat dësem Gesetz der Demande vun der Cour des Comptes och no.

Ech wëll elo net nach eng Kéier op dee ganzen Hickhack vum éischte Gesetz zrëckkommen, wat de Volel Contrôle financier betrëfft. Et ass jo elo ganz kloer, an de Paragraph 5 vum Artikel 42 seet: „La gestion financière du fonds est soumise au contrôle de la Cour des Comptes.”

Zrëckbehale gouf och d'Recommandatioun vu mengem Fraktiounskolleeg Alexandre Krieps, dass an de Verwaltungsrot och soll e Member genannt ginn, wa méiglech aus der Stad Lëtzebuerg. D'Recommandatioun, soen ech.

Wéi gesot, iwwert d'Orientatioun an d'Aufgabe kann een nach ëmmer kontradiktorech diskutéieren an dës Diskussiounen wäerten och an Zukunft nach weidergoen. De Fong ass elo mat deenen néidege Moyenen ausstafféiert, personal- an och administrativméisseg, an ënnert all deene Begebenheete kann d'Demokratesch Partei oder d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei mat dësem Projet selbstverständlech d'accord sinn.

M. le Président.- Merci, Här Schummer. Den nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen. Dir hutt d'Wuert, Här Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt mäi Virriedner hei drop higewisen huet, datt den Här Grethen scho mol proposéiert hat fir de Fonds de Kirchberg ofzeschaffen, da brauch ech et net ze maachen oder net weider drop anzegoen. Ech fanne et am Prinzip eigentlech och eng excellent Iddi fir dee Fong, sou wéi e geschäfe gi war, deem eigentlech seng Missioun ofgeschloss huet, an et kënnt een eigentlech zu dësem Zäitpunkt zum normale Fonctionnement vum Stat a vu Gemeng a staatlech Administratiounen zrëckkommen.

Et gëtt ewell laang Kontroversen iwwert d'Missioun, iwwert d'Urbanisatioun vum Plateau Kierchberg, wéi wäit datt déi Urbanisatioun ze interpretéieren ass. Ass et tatsächlech nëmmen d'Schafung vun den néidegen Infrastrukturen, fir datt dann de Plateau ka vu Promoteuren a vun der Gemeng développéiert ginn? Wann dat esou wär, an do hate mer jo och an der Comexbu Diskussiounen driwwer, dann däreft de Fong sech am Prinzip nëmmen op déi Infrastrukturearbechte beschränken.

Dat ass awer manifestement net de Fall, well en eng Partie Aarbechten duerchféiert, déi wäit doriwwer erasginn. Dat mol als generell Remarque, an ech hätt et begréisst wann dat bei dëser Geleeënheet méi genau definéiert gi wär.

Et ass op jidde Fall net falsch. Wann een an der Vergaangenheet ëmmer erëm huet misse feststellen, sou wéi dee Fong fonctionnéiert huet, datt e sech als Stat am Stat entwéckelt huet, ëmmer méi der Kontroll vum Ministère an och vun der Gemeng entzunn huet an e bëssen eng eegent Liwwen entwéckelt huet, wat vläicht net zulescht op d'Personnalitéit vu sengem Direkter a sengen Ambitiounen zrëckzeféiere war.

Mir haten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laang Diskussiounen iwwert déi Struktur, wéi dee Fong fonctionnéiert huet, an iwwert déi gewëss Eegemächtekeet, déi sech do am Laf vun der Zäit entwéckelt huet.

D'Gesetz huet e Comité directeur virgesinn. Do ware Leit, déi waren d'office dran opgrond vun hirer Funktioun: den Direkter vu Ponts et Chaussées, et war ee Vertrieder vum Finanzminister do, deen zwar net noutgedrongenerweis den Direkter vum Enregistrement huet misse sinn, an dësem Fall war en et awer, an da ware Leit do, déi aus verschiddene Verwaltungen oder Instanzen dohinner genannt gi sinn.

Ech wëll och gläich soen, datt mer frou sinn, datt an Zukunft ee Vertrieder vun der Gemeng och soll derbäi sinn.

Mä wou et ugefaangen huet aus dem Rudder ze lafen a ganz sécher och net méi conforme mam Gesetz war, dat war wéi op eng Kéier e Comité exécutif geschäfe ginn ass. Elo kann een déi grouss Fro an d'Welt stellen: Ass alles verbuede wat net erlaabt ass? Oder ass alles erlaabt wat net verbuede ass? Jiddefalls war en am Gesetz net virgesinn.

Dat wär jo alles net esou schlëmm, wann dee Comité exécutif esou fonctionnéiert hätt, wéi dat eis ëmmer an der Theorie presentéiert ginn ass. Mä mer wëssen haut, datt en net esou fonctionnéiert huet. Mir wëssen haut, an ech kommen herno nach drop, datt eenzel Membere vum Comité directeur sech driwwer beklot hunn, datt déi limitéiert Aufgab, déi dee Comité exécutif sollt gehat hunn, net esou limitéiert war, well si als Comité directeur, déi leschten Enns fir all wichteg Froen zoustänneg waren, nach laang net ëmmer mat alle wichtige Froen befaasst gi sinn. Dat ass och ganz sécher op d'Personnalitéit an op d'Ambitioun vum deemolegen Direkter vum Fonds de Kirchberg zrëckzeféiere gewiescht.

Ech kommen net derlaanscht, zu engem ganz kriddleche Punkt vun den Aktiounen vun deem Fonds de Kirchberg do Stellung ze bezéien, well ech och selwer ganz vill Zäit dran investéiert hat fir erauszefannen, wéi dat dann do gehandhaabt ginn ass; an do geet et ëm d'Aart a Weis, wéi mat den Terrainé verfuere ginn ass.

Mir wëssen alleguer, datt ënnert relativ fragwürdegen Emstänn oder Prétextes déi Propriétaire vum deene Lännereien do uewen expropriéiert gi sinn. Et ass meng perséinlech Iwwerzeegung, datt wann dat haut ze geschéien hätt, datt et vun eiseem Verfassungsge-riicht géif verworf ginn, well d'Notioun vun der Utilité publique, sou wéi verschidde Saachen do uewe gelaf sinn, do manifestement net méi kann invoquéiert ginn an och viru kengem Gericht méi Bestand hätt. Mä déi Zäit war dat jo net. D'Leit sinn entschiedegt ginn. De Fong huet d'Terrainé kritt an e konnt mat den Terrainé schaffen.

Wann een dann awer gesäit, wéi déi Terrainspolitik do, déi Revente de terrains, wou am Gesetz steet, déi geschitt par voie d'adjudication publique an nëmme mat dem Accord spécial vun der Regierung, däreft de gré à gré gemaach ginn, da liesen ech doraus, datt de grousser Prinzip d'Adjudication publique ass, wéinstens da wann d'Terrainen à des fins commerciales verkaaft ginn. Elo kënnen aner Leit anerer Meenung sinn, mä et ass op jidde Fall meng Interpretatioun vun deem wat d'Gesetz gesot huet.

Tatsaach ass, dass praktesch all Terrainen de gré à gré verkaaft si ginn. Dat wär jo elo och nach an der Rei - a mir hunn déi Diskussiounen an der Kommissioun gefouert -, wann dat Terrainé sinn, déi en öffentlechen Intérêt duerstellen, ob dat staatlech Gebaier sinn, eventuell kommunal Gebaier a virun allem Gebaier oder Infrastrukturen, déi fir d'Europäesch Communautéite virgesi sinn. Da kann een driwwer diskutéieren, zu wat fir enge Präisser, zu wat fir enge Konditiounen, well dat jo soi-disant am öffentlechen Intérêt läit.

Dat ass awer ganz sécher net méi wouer wann et ëm de Verkaf vun Terrainé geet, wou e kommerziellen Hannergrond ass, wou et einfach ëm Privataktivitéite geet, ëm Privatintéréten. Dat si Banken, dat si Geschäfte, dat kënnen Bürosgebäuer sinn, souguer fir Gewerkschaften, alles dat fällt ënnert de private Landhandel.

An da géng een erwaarden, dass, wann dat geschitt, wéi gesot, mir vertrieeden de Standpunkt, dass dat hätt missen iwwert d'Adjudication publique goen, well hei geet et ëm öffentlech Gelder. De Stat huet weinstens emol d'Expropriation jo awer misse bezuelen, a wann een da schonn Terrainen à des fins commerciales erausgëtt an et brauch een dat Geld fir d'Infrastrukturen um Kierchberg ze finanzéieren, da géng ech mengen, d'öffentlech Hand war an der Pflicht fir ze kucken, dann awer och en entspreechende Präis erauszuschloen. Dat ass éischstens net geschitt.

Wat geschitt ass - an dat konnte mer novollzéien, engersäits op Grond vun de Piëcen, déi mer kritt hunn, déi mer gesinn hunn, anersäits op Grond vun Aussoe vu Membère vum Comité directeur - dat ass, dass den Här President vum Fonds de Kirchberg, célèbrement bekannt am Land, déi Terrainshandelspolitik esou wéi säi private Betrib bedriwwen huet. Et gëtt praktesch keng Noten, et gëtt kee Compromis, et ass einfach verhandelt ginn, d'Membré vum Comité directeur wossten net wat do géng lafen, bis dass et fäerdeg war. Elo kann ee soen, jo, de Minister huet jo awer deen Acte de vente approuvéiert. Dat stëmmt. Wann een da kuckt, wéi en approuvéiert ginn ass vum Ministerrot, dann ass dat einfach esou pauschal gaangen, et stoung weder e Präis nach eng Kondition nach soss iergend eppes dran.

Sou, da komme mer op dat Wéinegt wat déi Präispolitik ubelaangt wat do schrëfflech virläit. Mir stousse fir d'alleréischte op eng definéiert Präispolitik am Kader vum Comité directeur, op eng Politique des prix arrêtée duerch de Comité directeur, de 4. Mee 1999. Do ass festgeluecht ginn, dass den Ar CMU1 1,5 Milliounen Frang géif kaschten, à des fins commerciales. Awer all déi Terrainen, déi en voie de négociation wäeren, woubäi keng Trace nozefannen ass, wat dann dee Moment en état de négociation war a wat net, déi géingen nach zum ale Präis, an zwar 1,2 Milliounen, verhandelt ginn. Dorausser kann ee jo da schléissen, dofir brauch een net vill Logik ze maachen, dass den ale Präis 1,2 Milliounen gewiescht war.

Tatsaach ass awer, dass op d'mannst zwou Firmen, wann ech se emol esou därfe nennen, déi kommerziell a gewerkschaftlech Aktivitéite bedriwwen, déi Terrainen zum Präis vun enger Millioun kritt hunn. Dat heescht ganz kloer net zu deem Präis wéi en da vum Comité directeur soll arrêtéiert gewiescht sinn. Dat ass dat eent. Dat Zweet ass, dass d'Acteuren um Terrain engem soen, dass déi Terrainen zu deem Moment wou se verkaaft gi sinn op d'mannst dat Dräifacht um fräie Maart wäert gewiescht wäeren. Wann dat soll zoutreffen - ech si keen Expert an der Matière, mä dat sinn awer Leit, déi sech am Geschäft auskennen -, da si se jo u privat Hänn verkaaft ginn, wäit ënnert dem Wäert.

An dat si Saachen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi ginn einfach net! An ech si bodenlos enttäuscht, dass d'Kommission refuséiert huet, d'Kontrollkommission vum Parlament huet eis als ADR refuséiert, fir d'Cour des Comptes domat ze beoptragen, fir deen Dossier do opzeschaffen a fir wierklech eis e Rapport circonstancié doriwuer ze maachen, wat dann do geschitt ass.

Ech wëll och nach e Wuert verléieren zu deem Argument wou ëmer gesot gëtt, jo mä et gëtt awer Urbanisatioun bedriwwen, a mir wëllen d'Präisser - dat ass jo dat wat ëmmer an d'Welt gestallt gëtt - fir déi Terrainen, besonnesch wann et ëm de Wunnensbau geet, net an d'Luucht dreien.

Ech weisst emol gären an ech géng emol gären novollzéien, wéi dat dann a verschiddene Fäll gehandhaabt ginn ass, wann e Promoteur, deen Häiser baut, en Appartementsimmeubel dohinner setzt, den Terrain méi bëleg kritt mam Argument, mir wëllen d'Präisser net an d'Luucht dreien, mam Terrainspräis dorobber en Appartementshaus baut, déi Appartementer verkeeft, ech weisst emol gären, wien dann do kontrolléiert hätt, awéiwäit dass dann do nozevollzéie wär, dass deen Avantage, deen de Promoteur kritt huet duerch de bëlegen Terrain, och definitiv um de Consommateur final, dat heescht deejéinegen, deen d'Appartement kauft huet, weidergereecht ginn ass. Och dat ass néierens ze gesinn an nozevollzéien.

Här President, ech hunn den Exkurs an déi ganz däreg Problematik do gemaach fir ze weisen, a wat fir engem Mooss, dass de Fong sech verselbststännegt hat a sech och nach wäit vun deem entfernt hat, wat de Législateur 1961 an d'Gesetz geschriwwen hat, well do war e Comité directeur vu fënnf Leit, déi Décisiounen hu missen huelen, all Décisiounen. Déi hätte missen an d'Bild gesat ginn, da wär et nach hallefweegs transparent an demokratesch erofgaangen. Dat war hei manifestement net de Fall. An déi Fuerderungen, déi ëmmer komm sinn, dass de President soll entweder d'Kaarten all op den Dësch leeën oder senger Wee goen, déi ware méi wéi berechtigt!

Mir wëllen hei als Oppositionspartei soen, dass mir et onverständlech fannen, dass déi verschidde Ministeren deem Spaass do esou laang nogekuckt hunn a sech ëmmer erëm virun dee Beamten do gestallt hunn! Bei allem Verständnis dofir, dass e Minister sech viru seng Beamte stellt well e se brauch, wann et bis esou wäit ausufert, dann héiert all Spaass op an dann ass d'perséinlech Responsabilitéit vum Minister engagéiert. Dofir hu mir jo och virun enger Zäit hei verlaangt, dass d'Bauteministesoll d'Konsequenzen aus där Affär do zéien

Bon, entre-temps huet de Beamten...

(Interruption)

Oh, Madame Stein, reegt Iech net op, entre-temps huet de Beamte jo d'Konsequenze gezunn, dann ass jo domadder d'Situatioun entschärft.

Här President, mir sinn dann elo befaasst mat engem Projet, dee verschidde Saache soll änneren. Och mengersäits nach e Wuert zu där Aart a Weis wéi dat erofgaangen ass, notament iwwert dat wat d'Kontroll vun der Cour des Comptes ubelaangt. Mir wëssen, dass de fréiere President absolut der Meenung war, en huet dat och richt eraus gesot an der Kommission, dass de Fong sech der Kontroll vun der Cour des Comptes net bräicht ze ënnerwerfen. An esou war dee Projet de loi och ausgefall, ganz sécher! An de Beweis dofir ass deen, dass e sech net genéiert huet, um Radio an aller Öffentlichkeit d'Cour des Comptes als Zeien dofir ze zitieren, dass hien nëmmen dat gemaach hätt wat d'Cour des Comptes gewënscht hätt, wat d'Reaktioun vun der Cour des Comptes provoziert huet, well en dat Zitat an engem falschen Zusammenhang gebraucht hat.

Ech fannen dat ass ënner aller Klarinett! Do ass mat falsche Kaarte gespillt ginn, a Gott sei Dank huet d'Regierung - well ech

si fest iwwerzeegt, dass deen Här net fräiwëlleg gaangen ass - e bestëmmte Moment agesinn, dass en net méi tragbar wär an dass e misst goen.

Mir si frou, dass no deem ganzen Intermezzo, deen elo war, d'Kontroll vun der Cour des Comptes erëm eng kéier installéiert ass, dass se sech voll op de Fonds de Kirchberg bezitt, soulaang wéi en dann nach widerbesteeft. Mir sinn awer mat där neier Struktur net ganz glécklech. An dat wäert och erklären, woufir dass mir dat Gesetz hei net stëmme wäerten. Mir sinn a bleiwen nämlech der Meenung, dass et besser wär, eng kloer an transparent Struktur an Hierarchie ze schafen. An déi hätt dra bestanen, dass een deen ale Comité directeur bestoe gelooss hätt, dass een dat Recht vun deenen zwee Direkteren - bon, deem enge säint op jidde Fall, mä deem anere säint och - hätt solle bestoe loosse, dass déi zwee Leit d'office - well et geet, weinstens an deem enge Fall, ëm Bautepolitik an an deem aneren ëm Finanzpolitik - hätte sollen am Comité directeur bleiwen.

An dann hätt ee sollen eng Direktioun dohinner setzen, esou wéi et an all uerdentlech Entreprise am Privatsecteur funktionéiert. E Comité directeur an eng Direktioun, eng Direktioun, déi exekutiv ass, déi d'Dossiere préparéiert, déi ënnert dem Contrôle vum Comité directeur schafft.

Elo geet et erëm viru mat enger reduziierter Struktur, an et si Leit, déi bis elo dobäi waren, déi soen, domadder wär ënner Ëmstänn déi nächst Déroute schonn erëm virprogramméiert. Et hänkt natierlech vun der Personalitéit vun deene Leit of, déi an deene Gremien do sinn. Wa se kollaborativ sinn, wa se gewëllt sinn transparent ze schaffen, da stellt sech vläicht kee Problem, mä esoubal wéi et eng kéier net méi esou ass, da geet dat, wat mer elo erlieft hunn, erëm eng kéier vu vir un.

Här President, ech wëll domadder mäin Discours ofschléissen. Et wär nach ganz villes heizou ze soen, mä ech mengen dat Wesentlecht hätt ech gesot. Ech widerhuelen nach eng kéier, datt mir mat där neier Struktur, esou wéi se elo geschafe gëtt, net d'accord sinn an datt mir eis dofir bei deem Projet wäerten enthalten.

Ech soen Iech merci!

M. le Président. - Merci, Här Mehlen. Den nächste Riedner ass den Här François Bausch. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kënnt natierlech elo zu deem Gesetz hei relativ laang schwätzen, well dat Gesetz huet jo eng laang Virgeschicht an ech kënnt natierlech och elo de ganzen Historique, firwat dat hei Gesetz iwwerhaapt huet misse gemaach ginn a wéi et derzou komm ass, nach eng kéier opzielen. Dat wëll ech natierlech net maachen, well soss si mer nach laang hei amgaangen. Ech wëll awer vläicht just zwee Sätz soen zum Historique.

Wann ech den Text kucken, dee mer haut hei virleien hunn an heron wäerte stëmmen, an dat vergläiche wat ech a mengem Rapport deemools geschriwwen hat an der Budgetkontrollkommission am Usaz, da muss ech feststellen, datt de Gros vun deene Kritiken, déi deemools a mengem Rapport stoungen, an deem Gesetz hei en Nidderschlag fonnt hunn an effektiv elo zur Ëmsetzung kommen.

Ech kommen net derlaanscht, fir zumindest awer an zwee Sätz

nach eng kéier hinzeweisen op dat wat den Här Weiler deemools gemaach huet, wéi mä Rapport an der Budgetkontrollkommission diskutéiert ginn ass, wéi e gemengt huet, e misst eng Pressekonzferenz maachen, a wou e mat dem groobste Geschütz géint mech lassgefuert ass, quasi meng Demission verlaangt huet an der Kommission als Rapporteur. Et huet sech natierlech glécklecherweis duerno erëm alles berouegt an, Här Weiler, wann Der elo emol déi Texter nientenuees leet, esou gutt de Rapport an dat wat mer hei diskutéieren, da musst Der awer dee Mea-culpa maachen, datt Der do iwwert d'Zil erausgeschoss hat mat Ärer Pressekonzferenz, déi Der deemools gemaach hutt.

(Interruption)

Et sinn zwou Saachen, Här Weiler, a genau op déi zwou Saache wäert ech agoen a menger Ried. Ech gi jo selbstverständlech net op déi Saachen an, déi elo am Text drastinn.

(Interruptions diverses)

Dat éischt op dat ech wëll agoen, Här President, ass d'Fro vun der Participatioun vum Fonds de Kirchberg an anere Gesellschaften, wou mer jo laang Diskussiounen haten an der Kommission, wou d'Cour des Comptes gemengt huet an hirem Aktivitätsbericht 2000 zum Fonds de Kirchberg, datt et eigentlech dem Objekt vum Gesetz géng widderstprechen, dat wat de Fonds de Kirchberg géng maachen, fir sech elo ufänken akafen ze goen a Gesellschaften an ënner anerem war do d'Foire-Gesellschaft viséiert.

Ech hunn déi Kritiken a mengem Rapport deemools iwwerholl, net well d'Cour dat och geschriwwen huet, a well ech wollt, wéi den Här Weiler dat wollt suggéieren, einfach ofschreiwe wat d'Cour geschriwwen huet, mä well ech jo selwer e Gespräch hat ier ech mä Rapport verfaasst hu mam deemolege President vum Fonds de Kirchberg iwwert déi heite Fro, a wou mer e bëssen d'Schudderden de Réck erfogelaf sinn, wéi ech héieren hunn, wat him do alles virgeschwieft ass fir d'Zukunft vum Fonds de Kirchberg.

Ech krut deemools lakonesch geäntwert, mä wat dann do de Problem eigentlech wär. Hie kënnt sech och duerchweegs virstellen, datt de Fonds d'urbanisation et d'aménagement du plateau de Kirchberg sech och kënnt an Zukunft zum Beispill an engem Hotel akafen, deen um Kierchberg géng gebaut ginn, oder an aneren Infrastrukturen, déi do géinge gebaut ginn an hien huet doranner absolut kee Problem gesinn. Hien huet fonnt, datt dat duerchweegs géng dem Geescht, deen de Législateur gesinn hat, wéi en dee Fong geschafen huet, entsprechen.

An dat war och de Grond firwat ech geduecht hunn, et misst een am Rapport d'Noutbrems oder d'Handbrems emol fest zéien a soen, lauschter emol, elo schësse mer awer locker total iwwert d'Zil eraus. An et muss een doriwuer eraus gesi vläicht insgesamt sech d'Fro ze stelle bei den Établissements publics, ob een net misst do e Rigel virschiben iwwert déi vill Participatiounen, well mir wësse jo, datt et net nëmme beim Fonds de Kirchberg de Fall war. Och beim Fonds du Logement hate mer hefteg Diskussiounen iwwer eng Rei Participatiounen a Gesellschaften vum Fonds du Logement vum Stat an du koum déi ganz Diskussioun op.

Mir sinn ons zwar net eens ginn an der Kommission, mä zumindest op engem Punkt ware mer eis awer eens deemools. Dat war, datt wann een Établissement public da sollt sech akafen an iergendenger Sociétéit, datt dat dann zumindest misst am entspreechende Gesetz,

dat d'Établissements publics géreiert, festgeschriwwen ginn.

An et ass och dat de Grond, firwat datt mer déi Diskussioun haten haut zum Ordre du jour bei der Foire-Gesellschaft, well effektiv bei der Foire-Gesellschaft de Fonds de Kirchberg sech akaaft hat an do mat dran ass an datt mer der Meenung sinn, datt dat, wat mer elo hei maachen, erëm eng kéier net gutt ass, datt mer haut e Gesetz stëmme wou mer eng Rei positiv Ännerunge virhuelen am Gesamtfonctionnement vum Fonds de Kirchberg, wou mer d'gesetzlech Basis verbessere par rapport zu deem wéi se virdu war, mer an deenen nächste Stonnen awer schonn erëm eng Décisioun huelen iwwer en anert Gesetz wou mer eppes bétonéiere wat mer am Gesetz dës kéier net geännert hunn, nämlech festzeschreiwen, datt zumindest de Fonds de Kirchberg d'Recht hätt an där enger oder anerer Gesellschaft eng Participatioun ze hunn.

Ech muss Iech awer soen, ech bleiwe bei menger prinzipieller Haltung, datt de Fonds de Kirchberg net soll sech an all méiglech Firmen akafen an ech hätt am Fong léiwer gehat, de Stat hätt bei der Foire-Gesellschaft insgesamt d'Responsabilitéit iwwerholl als Stat an de Fong hätt sech ganz zréckgezunn.

Ech weess awer, datt mer elo an enger Zwéckmilche sinn, datt dat d'Gesetz iwwert d'Foire-Gesellschaft wichteg ass, an ech deelen do dem Jeannot Krecké seng Meenung. Et ass och net eise Wëllen elo dat d'Gesetz iwwert d'Foire-Gesellschaft hei ze blockéieren, well mir hunn eigentlech kee Problem vum Prinzip hier mat deem Gesetz an dofir wëlle mer dat och stëmmen, soit datt ech et mat engem schrecklech ongudde Gefill stëmmen, mä mir wäerten eis och dofir bei deem Gesetz enthalten, well mer déi Fro net tranchéiert hunn.

Mä virun allem sinn ech der Meenung, an do ginn ech dem Jeannot Krecké Recht, wann en higewisen huet op dee Mëssstand, datt mer nach ëmmer keng Gesamtkritären hunn, allgemeng gültig Regeln hunn, déi eigentlech generell fir d'Établissements publics misste gëllteg sinn an datt sech hei erëm eng kéier bestätegt, datt mer e Feeler gemaach hunn andeem mer zum Beispill déi Motioun ofgelehnt hunn, déi ech abruecht hat virun aacht Méint.

Wann ech mech gutt erënneren, war et am Ufank vun der Sessioun am Hierscht, wou mer verlaangt hunn, datt e Kadergesetz sollt geschafe ginn, wou eng Rei allgemeng Regele fir sämtlech Établissements publics sollt festgehalen ginn. Déi hätten duerchweegs kënnen grouse Flexibilitätscharakter hunn, mä awer eng ganz Rei allgemeng Regeln hätt ee kënnen an engem Kadergesetz festhalen.

Et bestätegt sech hei erëm eng kéier, datt dat e Feeler war an ech muss och soen, datt ech net frou driwwer sinn, datt mer elo um Enn vun der Legislaturperiod déi Kritären, déi anscheinend dann d'Regierung oder de Conseil de Gouvernement ausgeschafft huet, nach ëmmer net gewise kritt hunn, datt dat, wat mer awer eigentlech versprach kritt hate viru véier, fënnf Méint, net geschitt ass, nämlech datt den Här Schaack eng kéier an d'Budgetkontrollkommission komm wär an eis déi presentéiert hätt.

Ech hunn drop higewise virdrun an enger Zwëschebemierkung, datt mer eng kéier eng Diskussioun mat em haten an der Budgetkontrollkommission, datt en och do an engem gewëssenen Elan zouginn huet, datt déi Kritären eigentlech am Hierscht schonn ausgeschafft gi wäeren vun der Regierung an datt se esou gutt wéi finaliséiert wäeren. Wéi gesot, ech fannen et net gutt, datt mer déi bis elo nach net kennen.

Da kommen ech zu engem Punkt, deem natierlech och net an dësem Gesetz geregelt ginn ass, woubäi ech awer entre-temps der Meenung sinn duerch de Rapport, virun allem duerch de Rapport spécial 2001 vun der Cour des Comptes iwwert d'Établissements publics an am Spezifischen deem Deel, deem och erëm eng Kéier de Fonds de Kirchberg betrëfft, dee mer eigentlech 100%eg de Bewäis bréngt, datt dat wat mer an der Kommissioun diskutéiert hunn iwwert de Fait, ob de Fonds de Kirchberg énnert den Artikel 99 vun eiser Konstitutioun fällt oder net, wou d'Oppositioun der Meenung war dat misst de Fall sinn an d'Majoritéit der Meenung war entweder neen oder si wär sech net sécher, an den Här Weiler ëmmer monter argumentéiert huet, et géing kee Frang vum Statsbudget direkt bei de Fong fléissen an dofir kënnst een och de Fong net gesinn énnert dem Aspekt vum Artikel 99 vun der Konstitutioun.

Ech sinn awer elo frou, datt am Rapport spécial 2001 net nëmmen de klore Bewäis bruecht ginn ass vun der Cour, datt dat de Fall ass, datt Gelder vum Statsbudget engagéiert sinn direkt gesi pro Joer zu Gonschte vum Fong, mä och nach de Fong selwer am Contradictoire ass; a seng Äntwerten hunn dat bestätegt, souguer nach verdéift.

Vu wat schwätzen ech do? Ma jo, ech schwätze vun deem Punkt, bei deem mir iwwregens och elo erëm eng Kéier och hei e Problem hunn, well mir keng legal Basis hunn, fir dee spezifische Punkt fir de Fong, wou et drëms geet, dass de Fonds de Kirchberg eng Ligne de crédit, déi am Gesetz vum 26. August 1965 virgesinn ass, déi seet, dass de Fonds de Kirchberg seng Ligne de crédit ka bei enger Bank ufroen an der Héicht bis zu 4 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang - wuel verstanen...

(Interruption)

400 Milliounen, jo, jo, dat hat ech gesot.

(Interruption)

Pardon, dann hat ech mech verschwat. 400 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang.

Dass de Fonds de Kirchberg eng Ligne de crédit kann ufroen an der Héicht bis zu 400 Milliounen aler Frang an dass - ech liese vir - am Gesetz ganz kloer steet: „Ces opérations financières se font sous la garantie de l'État qui en assumera les charges d'amortissement et d'intérêts en ce qui concerne l'emprunt et les charges d'intérêts en ce qui concerne la totalité du crédit dont disposera le fonds auprès de la caisse d'épargne de l'État.“

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dat heescht, hei hu mir de klore Beweis, dass direkt Suen aus dem Budget regelméisseg un de Fong ginn, an donc ass et fir mech och kloer, dass déi ganz Argumentatiounsschinn, déi vun dem fréiere President vum Fong an och vun der Majoritéit ëmmer diesbezüglich gefeuert gëtt, fir ze soen, den Artikel 99 géllt net, dass déi zesummefält wéi e Kaartenhaus mat där heiter Argumentatioun.

An ech hoffen, dass mer dann elo, wa mer dat och dës Kéier hei net geregelt hunn am Kader vun dësem Gesetz, dass mir an der nächster Legislaturperiod dat heiten erëm séier op den Dësch huelen a kucken do eng Léisung ze fannen.

An do kënnst deem zweete Punkt, dee mir och net hei iwwert dat Gesetz elo léisen, dat ass, dass de Fonds de Kirchberg highaangen ass an deene leschte Joren an déi Ligne de crédit sech erhéicht huet vu 400 op 600 Milliounen. Dat heescht, fir deen dote Punkt gëtt et souguer iwwerhaapt keng legal Basis, sou dass mir natierlech elo um Enn vun der Legislaturperiod

an enger zimlech komescher Situatioun sinn. Ech hunn elo proposéiert als Rapporteur och zu dem Fonds de Kirchberg fir 2001, dass mer sollen der Regierung recommandéieren, fir dass déi Ligne de crédit erëm ganz séier zrëckgeschrauft gëtt op 400 Milliounen, op dat, wat am Gesetz virgesinn ass, well ansonste mir dauern, wéinst deenen 200 Milliounen aler Lëtzebuerger Frang Supplément, déi do eventuell kënnen engagéiert sinn, an der kompletter Illegalitéit funktionéieren am Fonds de Kirchberg.

Ech hunn och verlaangt, dass - et geet zwar elo net méi duer an dëser Legislaturperiod - relativ séier eng Kéier den neie President vum Fonds soll an d'Budgetskontrollkommissioun kommen, fir eis emol ze soen, awéifern dass déi Ligne de crédit do beusprocht gëtt. Mir hunn du bestätegt kritt, schonn an der Sëtzung, vun de Vertrieeder vun der Cour, dass se permanent beusprocht gëtt, mä d'Cour kann eis natierlech och net soen, a wéi engem Ausmooss a wéi héich dat en permanence de Fall ass.

Also ech mengen, dat heiten alleng beweist, a wéi engem - op villfältiger Weis - Vide juridique mir zum Deel mam Fonds de Kirchberg an deene leschte Jore funktionéiert hunn. Wéi gesot, am Contradictoire vun der Äntwert vum Fong gëtt dat och net contestéiert, déi heite Saach. Et gëtt jo och guer net contestéiert, datt d'Gesetz nëmme 400 Milliounen zum Beispill virgesäit. Et gëtt awer natierlech och net proposéiert, wat een elo kéint maachen, fir aus dem Dilemma erauszekommen, fir dass mir hei eng legal Basis kréichen.

Do muss ech awer och soen, sinn ech e bëssen iwwerrascht, wann ech gesinn, mat wat fir enger Vitesse mir dat anert Gesetz op eemol do leien haten, a mat allen Tricker, déi do op eemol versicht gi sinn un den Dag ze leeë vum fréiere President vum Fong, fir sou gutt - menger Meenung no - de Conseil de Gouvernement wéi och d'Parlament ze täuschen, wéi séier dass Verschiddenes méiglech war. Well dat heite war jo gewosst am Hierscht, déi heite Geschicht, dee Rapport ass jo dunn, dee Contradictoire ass jo du gela!

Dat heescht, de fréiere President vum Fong wousst ganz genau, dass en heifir keng legal Basis hat, an en hätt dofir missen eigentlech och schonn dofir suergen, am Kader vun dësem Gesetz, dass en highaange wär an der Ministesch dat heiten an d'Gesetz drageschriwwen hätt, fir dass mer dat kéinten elo haut mat regulariséieren.

Ech mengen awer, dass eigentlech déi ganz Diskussioun ronderëm de Fonds de Kirchberg eppes Guddes u sech hat. Ech mengen, dass mer an deem leschten annerhallwe Joer jo extrem kontrovers engersäits iwwert d'Établissements publics diskutéiert hu wéi awer och iwwert dat neit Kontabilitéitsgesetz an och d'Prerogativen an d'Kontrollrechter an de Fonctionnement vun der Cour des Comptes. An ech mengen, dass dat ganz nätzlech war, dass déi Aarbecht vum Législateur gemaach ginn ass, vum Parlament gemaach ginn ass, och no baussen, fir och eigentlech gewässeremoossen drop hinzewiesen, wéi dat neit Kontabilitéitsgesetz, wat mir 1999 gestëmmt hunn an dësem Parlament, an och déi nei Cour, wéi déi zesumme kënnen spillen a funktionéieren, fir deementspreechend och - loosse mir soen - e bëssen e Beispill ze liwieren, fir de gesamte Fonctionnement vum Stat.

Wann ee feststellt och schonn, wann een de Rapport kuckt iwwert d'Établissements publics insgesamt vun 2001 vun der Cour, da muss ee soen, dass sech viles verbessert huet vun 2000 op 2001. An deem neie Rapport si vill

manner schaarf Kritiken dran 2001 wéi an deem vun 2000, dat heescht et gesäit ee jo awer, et spiert een awer eraus, dass do grouss Ustregnunge gemaach ginn an alle Verwaltungen, an allen Administratiounen, fir sech un dat neit Kontabilitéitsgesetz eigentlech unzepassen.

Eigentlech fannen ech och, Här President, dass dee ganzen Exercice do, bei deem mir jo am Ufank och laang Sträit drun haten, fir - loosse mer soen - gewësse Spillregeln ze kréien an der Budgetskontrollkommissioun, respektiv fir eis eng gewëssen Ethik ze ginn am Funktionéieren, fir eigentlech déi Barrieren ze iwwersprangen, dass an där doter Kommissioun net ëmmer sou dat Spill Oppositioun a Majoritéit funktionéiert, dass dat awer zumindest ufänkt sech anzependelen an eppes Guddes ass, wat am Intérêt ass vun eisen Institutiounen.

Deementspreechend mengen ech och, dass mir an deenen nächste Joren, an der nächster Legislaturperiod eigentlech anescht wäerten insgesamt un déi doten Dosieren erugeen.

Här President, mir géingen eigentlech gären dat Gesetz...

(Interruption)

Jo, Här Weiler, ech wëll elo net weider dodrop agoen. Ech mengen, et kann een et och esou gesinn, dass d'Majoritéit vläicht och aus verständleche Grënn am Ufank méi Schwierigkeiten hat natierlech fir domadder ëmzegoe wéi d'Oppositioun, dat läit jo op der Hand firwat, dat kann ech hir net verdenken. Mä op alle Fall, ech mengen, dass mir op deem richtege Wee si fir d'Zukunft.

Mir géingen eigentlech gären dat Gesetz hei haut stëmmen, Här President, well de Gros dovunner ënnerstëtze mer, wa mir net elo erëm déi Attrapp do dran hätten, déi ze dinn huet mat deem Foiresgesetz. Dat heescht, wa mir dee Problem hätte kënnen aus dem Wee raumen, wéi mir et och eigentlech proposéiert haten an der leschter Kommissiounssëtzung.

An der leschter Budgetskontrollkommissioun huet d'Oppositioun der Majoritéit d'Hand gereecht fir hei eng Léisung ze fannen. Mir hu gesot: Ma lauschtert emol, kommt mir kucken hei am Intérêt vun der Saach, vu dass mer, wat d'Foiresgesetz ubelaangt, eigentlech keng Meenungsverschiddenheeten hunn iwwert den Objektiv vun deem Gesetz, an et hei jo nëmmen drëms geet, eng propper legislativ Aarbecht ze maachen. Da kommt, mir verschiben dach dee Projet ëm eng Woch, an dann ännere mir dat nach an deem Gesetz an da maache mir d'nächst Woch eng propper legislativ Aarbecht.

Ech wëll och dat als Ofschloss nach eng Kéier zitieren, fir deem ze widderspreechen, wat gesot ginn ass de Mëtteg hei beim Ordre du jour, dass et der Oppositioun hei nëmmen drëms géing goen, fir Zodi ze schloen, well mir elo den 13. Juni esou ee komeschen Dag hunn, a se dat wëllt ausschleuechten aus elektorale Grënn.

Dat ass net de Fall! Et geet eis och drëm bei enger ganzer Rei Gesetzer, wéi zum Beispill bei deem heiten, wou eigentlech keng Divergenze bestinn, fir just dofir ze suergen, dass mir eng propper legislativ Aarbecht maachen. D'Majoritéit huet déi Hand net ugeholl. Leider, muss een dofir soen, maache mir da schlecht legislativ Aarbecht.

Ech soen lech merci, Här President.

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Merci, Här President. Ech muss allerdéngs soen, ech hu gréisser Problemer mat deem Gesetz hei an déi leien net onbedéngt do, wou elo déi meescht Riedner drop insistéiert hunn.

Dee Problem hei huet am Fong geholl eng symbolesch Bedeitung. Ech mengen, déi Bedeitung ass symbolesch engersäits fir de Stat, sou wéi e bis elo funktionéiert huet, an anerersäits och ass déi Diskussioun hei wichteg an där Fro, wéi de Stat an Zukunft soll funktionéieren. Ech mengen d'Regierungen hate scho viru 40 Jore den Avantage erausfonnt, deem dra besteet, bei groussen Immobilientransaktiounen a bei groussen Investitiounsprojeten, besonnesch wann et sech och nach ëm esou Projeten handelt mat enger internationaler Dimensioun, fir da kënnen ouni Gesetzer laanscht d'Chamber ze diskutieren.

Dat war den Ursprong eigentlech vun deem Fuak hei, dem Fonds d'urbanisation vum Kierchbiere, an dat ass och haut nach säin Zweck. An den Här Meyers huet dat an der Diskussioun, déi mir hei haten den 11. Dezember, och direkt zouginn!

Mir haten hei eng grouss Diskussioun iwwert den Artikel 99. Dat ass fir mech och nach ëmmer de Kärpunkt vun deem heite Gesetz. Dat wat net drasteet, dat Gesetz hei bréngt keng Ännerung, wat déi Diskussioun vum Artikel 99 vun der Verfassung ugeet, an dobäi hätt een awer zum Beispill ganz einfach all déi Problemer, déi juristeschem Problemer oder déi pseudo-juristeschem Problemer, déi hei opgetaucht sinn an der Diskussioun am Dezember, kënnen ëmgoen, andeem ee gesot hätt, mir schreien an dat Gesetz hei dran, dass all Projet vun engem gewësse Montant u misst duerch d'Chamber goen.

Dat wär an der Souveränitéit vun der Chamber gewiescht, wär net contraire zu der Verfassung gewiescht, an ech bleiwen iwwregens der Meenung nach, wat och schonn hei gesot ginn ass am Dezember, dass d'Verfassung menger Meenung no och am Artikel 99 an och am Geset vum der Verfassung virschreiwge géif, dass fir all grössere Projet misst e Gesetz hei gemaach ginn.

Dat ass also déi Saach do. Ech wonnere mech, dass dee Projet elo hei an der Diskussioun keen esou e grouss Stellwäert huet wéi deemools am Dezember.

Och nëmmen iwwert den einfache Prinzip vun der Kontroll duerch d'Cour des Comptes huet jo misse laang gestridde ginn. Et ass elo am Gesetz dran, mä et huet awer mol fir d'éischt eng Kéier laang missen ëm dee Prinzip, einfach nëmme vun der parlamentarescher Kontroll iwwert d'Cour des Comptes, gestridde ginn. Ech mengen och des Weideren, dass am Gesetz d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot vun deem Établissement public schlecht géleest ass. Et gëtt gesot: E gëtt duerch e Règlement grand-ducal zesummegeesat. Mir wëssen heibannen net wéi dee Conseil d'administration vun deem Fuak an Zukunft wäert ausgesinn. Ech hunn esou d'Gefill, wéi wann net nëmmen do herno Statsbeamten dra wieren.

De Conseil d'État huet iwwregens gesot: Et misste souguer net onbedéngt Vertrieeder vum Ministère des Travaux publics dra sinn. Et geet also wäit iwwer e Comité interministériel eraus, wat et bis elo war. Dat heescht aus deene schlechten Erfahrungs vum deene leschte Jore gëtt am Fong geholl eng Wend hei ëm 180 Grad vollzunn an ech hunn d'Impressioun,

wéi wann och hei ganz daitlech sollen esou Vertrieeder vun der Privatindustrie an dee Conseil d'administration erakommen, esou wéi dat och bei der Uni Lëtzebuerg de Fall war. An da wäerte sech zum Beispill Aktionären, déi elo de Moment an der FIL dra sinn, an esou virun, dann och do dran erëmfannen.

Et ass also dann an engem gewësse Sënn eng Participation croisée: Participatioun vum Stat oder vum Fuak an deene Gesellschaften, Vertrieeder vun deene Gesellschaften am Fuak. Ech weess net, ob et esou ass. Vläch kann d'Madame Minister eis dat soen. Mä ech kéint mer et gutt virstellen an da maache mer de Contraire vun där Proposition de loi Grethen, déi den Här Schummer hei virun erwähnt huet, an déi jo virgesinn huet, dass de Fuak zrëck bei de Stat geet.

Ech mengen, dass do dann net nëmme keng Kontroll vum Parlament iwwer Gesetzer ass, mä dass dann och nach en Afloss vu bause kënn, deem net méi vill mam Intérêt public oder mam Service public ze dinn huet. An et ass jo net fir näischt, dass d'Cour des Comptes an hirem Avis vum 1. März geschriwwen huet: „Le concept de deniers publics a connu en droit positif un déclin parallèle à celui de service public.“ An an déiselwecht Richtung geet, menger Meenung no, och déi Tatsaach hin, dass d'Personal, wat soll nei agehallt ginn an deem Fuak, de Privatstatut generell soll kréien.

Ech hunn am Rapport vun 2000 vun der Cour des Comptes gelies, dass nëmme sechs Aarbechter a Beamte vun insgesamt 15 am Statsdëngscht regulariséiert gi sinn. An d'Cour hat deemools gesot: Och déi aner alleguerte missen elo Statsbeamte ginn; an dat schéngt awer net esou ze sinn. Wat also och géif heeschen, dass en Deel vum Personal, dat elo scho jorelaang do schafft, net géif de Statut public an Zukunft kréien a mir hätten da verschidde Kategorie Personal. De Contraire vun deem, wat d'Etud vu Maastrecht gesot huet, wat géif zum gudden Fonctionnement vun enger Administratioun gehéieren, nämlech dass ee Personal vun engem selwechte Statut hätt, wäert dann och anrieden.

De Statsrot hat gefuerdert, et soll ee keng Pisten zoumaachen an där Richtung, bis dass net eng Décisioun géif virleien, wat fir e Statut d'Personal am Établissement public soll hunn. Dat ass offensichtlich hei net geschitt. Mä et ass definitiv gesot ginn: Déi kréien alleguerten de Statut public, ob se elo schonn do schaffen oder an Zukunft nach agehallt ginn. Dee Schlamassel, wat de Statut ugeet vun de Leit, déi bei engem Établissement public schaffen, geet also weider, an den Trend geet offensichtlich a Richtung Privatstatut.

Menger Meenung no ass d'Fonction publique ee vun deene grouse geheimen Enjeuen hei vun dëse Wahlen. Et gëtt net dovunner geschwat, mä elo schonn ass den Accord salarial mat der CGFP, dee virgesinn huet, dass all déi Leit de Statut public kréien, net méi wéi eng Fatz Pabeier wäert, well hei ginn andauernd Gesetzer gestëmmt wou just de Contraire drasteet. Viru fënnef Joer huet et nach geheescht, pacta sunt servanda, d'Regierung hätt eppes ënnerschriwwen mat der CGFP wat net agehale ginn ass. Déi deemoleg Regierung ass doriwwer gestolpert, et ass eng nei Regierung komm an hei geschitt, menger Meenung no, genau datselwecht, ouni dass dat dobaussen anscheinend fir grouss Opmierksamkeit suert.

Ech weess net, firwat dat esou ass. Ech hunn d'Wahlprogrammer vun deenen eenzelne Parteien nogekuckt an ech hu fonnt, dass

keng Partei däitlech doranner seet, dass dat Personal an dem Établissement public soll an Zukunft generell de Statut public kréien; wéi awer zum Beispill d'Etüd vu Maastricht dat geschriwwen huet. Vläicht läit d'Erklärung doranner, dass et esou roueg ass am Land, mä da muss ech awer soen, da kënn awer nach munches op déi Leit an Zukunft zou, déi do schaffen; och an anere vill méi groussen Administratiounen, wéi bei der Post oder bei der Spuerkeess zum Beispill.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Discussion générale ass elo ofgeschloss an d'Wuert huet elo d'Madame Minister vun den öffentliche Bauten, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei eng Debatt ugefaangen, déi eigentlech unhand vun engem Beispill, dem Fonds Kierchbiërg, déi ganz Diskussioun tëschent deem wat ee Stat kann a soll an tëschent deem wat eng Regierung därëf an e Parlament muss, wëllt statuëieren. Déi Debatt geet vill méi wäit an déi wëllt hei um Fonds de Kirchberg en Exempel statuëieren. Dofir, mengen ech, ass et ganz schwéier op all déi Diskussiounen anzegoen, déi hei opgeworf gi sinn, well et wier esou villen ze soen, datt een eigentlech misst zu enger Reform vum ganze Statswiese kommen.

Firwat hu mer en Établissement public geschaf? Fir eis méi Flexibilitéit ze ginn. Firwat wëlle mer eis méi Flexibilitéit ginn? Well beim Stat alles starr organiséiert ass, sou datt ee munchmol a verschiddene Fäll déi néideg Flexibilitéit net huet. Wa mer dat net méi wëllen, wa mer nëmme wëllen administréieren, da si mer net méi kreativ a wa mer de Succès vun eise Land kucken, dann ass et ebe just well mer als Stat kreativ waren, well mer méi séier ware wéi déi aner a well mer vill Sache konnten ugoen, ebe well mer Flexibilitéit haten, well mer eis interesséiert hunn un deem wat an der Wirtschaft an dobaussen an der Welt geschitt ass a well mer dann och d'Instrumenter hate fir ze reagieren.

De Législateur vun 1961 war e wäitsichtge Législateur, wa mer eis haut an déi Zäit zrëckversetzen an eng Situatioun wou nach Leit hir Terrainen hierginn. Si sinn expropriéiert ginn, si waren och net all frou, verschiddener waren awer frou, fir d'Suen ze kréien, well deemools hunn nach Propriétaire vun Terrain Sue gebraucht, wat haut ganz dacks net méi de Fall ass. De Stat huet deemools gesinn, datt en net kënn als Immobilienhändler bei esou engem groussen Areal oprieden. E wousst awer, datt e misst baue fir déi europäesch Institutiounen an dofir ass d'Wiel getraff ginn, fir en Établissement public ze schafen.

Dir Hären alleguerten, déi der haut hei opgetratt sidd, déi Häre Ministere Kohnen, Hamilius, Schlechter, hunn alleguerte fënnef Joer laang mat dësem Instrument regéiert. A keen huet eppes dobäi fonnt. Den Här Goebbels huet et zéng Joer laang gemaach a keen huet eppes dobäi fonnt. Ausser dem Här Grethen, deen de Fong carrément wollt ofschafen, wou ech mech da géing froen, ob mer haut um Kierchbiërg esou wäit wiere wéi op der Place de l'Étoile.

Elo hu mer eng Diskussioun gehat, déi jo an der Öffentlechkeet net kann novollzu ginn, well kee gesäit jo déi subtil Differenzen. A wa mer hei vum Artikel 99 schwätzen, wa mer soen, alles misst iwwert den Artikel 99 goen, da muss mer de Leit dobausse soen, datt dat géif heeschen, datt wann de Fong en Terrain verkeeft

un e private Propriétaire, deen iwwer e Montant vu 7,5 Milliounen Euro ass, da misst ee fir d'éischt an d'Chamber kommen an d'Auto-risatioun vun der Chamber froen, fir dee Verkaf därëfen ze tätegen. All verstännege Mënsch an dësem Land weess, datt an esou engem Fall dach kee verstännege Privatmënsch sech op en Handel aléisst.

Just an deem dote Secteur, wou et schwierig ass ze verhandelen an ze handeln an eens ze gi mat den Terrainen, do huet natierlech de Fong als Établissement public seng Roll gespillt. A wann haut vill Leit soen, dat, wat um Kierchbiërg do géif stoen, wier gutt an dat wier gutt geroden a wa mer Komplimenter gemaach kréien, och vun de Leit, déi do wunnen, déi soen et ass awer nawell schéi ginn, dann ass dat och de Mérite vum Établissement public, vu sengem viregte President an och vu sengem jëtzege President.

An de viregte President huet net an Alleinherrschaft géréiert, well hien huet jo alles misse ratifizéiert kréien, hien huet alles misse genehmet kréie vun der Regierung an en huet alles misse genehmet kréie vun der Stad Lëtzebuërg. D'Stad Lëtzebuërg war zu all Moment an de Plan d'urbanisation mat agebonnen, huet all nei Orientatiounen matgestëmmt, huet déi nei Emännerung, fir de Wunnquartier méi ze vermësche mat deenen anere Quartieren, matgestëmmt, huet déi Stroosse matgestëmmt, huet déi Brécken, déi ofgerappt gi sinn, matgestëmmt. Ergo kënne mer hei net soen, datt et Abus de pouvoir gewiescht wier, sou wéi dat munchmol an d'Welt gesat gëtt.

A wann d'Oppositioun elo hei an der Chamber d'Fro opwerft, mir hunn nach net all Problemer geléist, da wëll ech soen, et soll een och den Nofolger nach Aarbecht loossen, an eng nächst Regierung kann och nach eng Kéier hei mat deem Gesetz virun d'Chamber kommen a si kann dat änneren.

Ech wëll awer virun allem op verschidde Virwërf agoen, déi hei vum Här Mehlen gemaach si ginn, notament wat déi Terrainspräisser ugeet. Ech wëll och dat mol an d'richtegt Liicht stellen. Den Här Mehlen huet gesot, eréischt 1999 si Präisser fixéiert ginn am Fong. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen ass scho ganz laang an der Chamber, vu '84 un.

(Interruption)

Vun '89 un, entschëllegt.

Vun '89 bis '99 huet den Här Mehlen insgesamt véiermol zum Fong Kierchbiërg geschwat. Hien hätt also während senger 10-jähriger parlamentarescher Aarbecht Zäit genuch gehat, fir sech fir de Fonds de Kirchberg ze interesséieren a fir deemools d'Fro opzerwerfen: Firwat gëtt dann do net no Regele verkaaft, déi fixéiert gi sinn?

Den Här Mehlen huet dat eréischt '99 gemaach. Ech wëll dozou d'Explikatioun ginn, datt de Fong eng Kéier an d'Stee gaangen ass. Et ass net esou, datt de Fong ni an d'Stee gaangen ass. A wéi en eng Kéier op enger Stee Terrainspräisser op 5 Milliounen den Ar hat, do huet awer och d'Regierung sech d'Fro gestallt, ob mer dee Wee solle weider goen. Dat war net zu menger Zäit. Dat war ënnert mengem Virgänger. An all Regierung hunn ëmmer diskutéiert iwwert dee System vun dem Verkaf, vun den Terrainspräisser.

Wann elo eng Regel festgehalen ginn ass, dann ass dat leschten Enns och well un dee Präis, dee jo dann en ofgemaachte Präis ass an dee mat engem Client verhandelt gëtt, Konditiounen geknëppt sinn. An, Dir Dammen an Dir Hären, mengt Dir dann, mir hätte bei deene Banken, déi do uewe gebaut sinn, déi gréissten Architekten kritt, wann dat net eng Konditioun gewiescht wier vum Verkaf?

Mengt Dir dann net, do hätt de Fong iwwert de Wee vum Verkaf, vun enger Verhandlung Drock op dee gemaach, deen et kaaft huet, an e gesot huet, datt en net egal wat därëf bauen? Mengt Der da mir hätte verschidde Konschwierker douewe kritt, déi vu Private finanzéiert gi sinn, wann dat net do mat dra verhandelt gi wier?

(Interruption)

An deenen dote Beräicher, mengen ech, ass ëmmer d'öffentlech Hand par rapport zum private Lotisseur am Hannertreffen, well d'öffentlech Hand ëmmer eng Partie Contrainten huet. De Fong huet nun eemol déi dote Praxis gehat, nodeem en anerer exploréiert huet, an de Fong huet elo an enger neier Décisioun en anere Wee beschratt fir de Wunnengsbau, wou en zum Beispill eng Ausschreiwung mécht am Virfeld, fir dann Drock op déi, déi matmaachen, ze maachen, andeems de Präis vum Verkaf herno en Deel vun der Verhandlung ass. Andeems gesot gëtt: Dee kritt de Projet, deen eis déi beschten Infrastruktur dohinner stellt zum bëllegste Präis an deen och herno beim Verkaufspräis vun den Appartements dee Bëllegsten ass.

Dat ass also eng aner Form, eng aner Manéier fir déi delikat Saach vun dem Terrainsverkauf unzegoen.

Mir hunn an dëser Modifikatioun vum Fongsgesetz dat gemaach wat d'Cour des Comptes eis gefrot huet. Et gëtt elo hei bemängelt, datt déi Saach vun de Participatiounen net geregelt wier. Dir Dammen an Dir Hären, jiddfereen, all Minister, huet hei lerschaften. Dat doten ass eng lerschaft. Ech hu se kritt. Et huet virdru kee se a Fro gestallt.

(Interruption)

An dofir ass et schappech, datt Der elo dann dowéinst d'Gesetz net matstëmmt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Also: Ass dat schappech?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech fannen déi doten Affär...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Madame Minister, mir ware fein. Wann Der gären hätt, dass mer eng Polemik féieren, kënne mer se maachen.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Jo neen, Polemik ass genuch gewiescht an där heiter Fro. Ech soen lech nach just, Här Krecké, oder, Här President, ech soen nach dem Här Krecké, datt mer jo bei der Rockhal déi dote Bemierkungen net gemaach kruten, wat de Contrôle vun der Cour des Comptes ugeet, datt also hei zweeërlee Mooss a Gewicht gemaach gëtt, datt de Fong op eemol anescht gehandelt gëtt bei der...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Et steet souguer am Rapport.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Är Spriecherin bei der Rockhal huet kee Wuert zum Contrôle vun der Cour des Comptes gesot, datt dat net richtig formuléiert wier. Dat ass hei vun lech matgestëmmt ginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat steet dach am Rapport! Dat ass dach net méiglech, Här President.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech wëll der Chamber hei net de Virwurf maachen, dass se hir Aarbecht net gutt ge-

maach huet, well si huet hir Aarbecht gutt gemaach. Mä ech wëll mir awer och de Virwurf net gefale loossen, Här Krecké.

(Interruption)

Ech wëll mir hei net de Virwurf gefale loossen, datt ech hei einfach liichtschaatz iwwer Saachen ewech ginn, déi zanter 40 Joer gutt waren an déi elo op eemol an de leschte fënnef Joer zu engem Problem gi sinn.

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Entschëllegt, Madame Minister. Ech wollt awer drop hiweisen, an d'Madame Stein ass jo och Presidentin vun der Kulturkommissioun a si war och Rapportrice iwwert dee Projet vum Centre de musiques amplifiées, a mir hu ganz kloer drop higewisen, dass déi Formulation, déi jo vum Statsrot ëmmer proposéiert ginn ass, net deem Stand géif entsprechen, dee mer an der Kommissioun hate wat de Contrôle vun der Gestion financière och vun dem Centre vum Établissement public de musiques amplifiées géif entsprechen.

A mir hunn dofir, well mer d'Gesetz net wollten ophalen, a well d'Majoritéit drop gehalen huet, dass dat Gesetz sollt séier kommen, an de Rapport selwer vun der Madame Stein e Saz, e Passage agesat wou mer gesot hunn, dass dat net deem géif entspreche wat mer ofgemaach hatten ënnert alle Parteien, wat de Contrôle vun der Cour des Comptes ugeet an dass mer dat wëllten an Zukunft änneren.

Dat huet dës Chamber an der Kulturkommissioun mat der Rapportrice Madame Stein gemaach. Et kann een also net soen, dass dës Chamber hir Aarbecht net an där Hinsicht gemaach huet.

Une voix.- Et ass eng Frecheheet dat doten.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech hunn net gesot, datt Dir Är Aarbecht net gemaach hätt.

(Interruption)

Neen, neen!

Ech hu gesot, Här Krecké, Dir hätt beim Artikel vun der Rockhal eng aner Haltung agehalen. Et ass nach wie vor dann esou, datt een d'Fro ka stellen: Ass et net d'Gesetz vun der Cour des Comptes, wat emgeännert muss ginn?

(Interruption)

Well leschten Enns hu mer jo nach aner Établissements publics, déi ënnert deem doten Text elo lafen. A wann Der...

(Coups de cloche de la Présidence)

...hei elo op déi dote Bemierkungen hin dann awer net d'accord sidd mat deenen Ofännerungen, dann ass dat ze bedauern. Ech huelen dat dann zur Kenntnis.

Ech wëll awer nach zu deem, wat den Här Bausch hei virbruecht huet, eppes soen. Ech mengen den Här Bausch huet d'Fro vun der Ligne de crédit opgeworf. Et ka jo kee sech virstellen, wéi an der Praxis de Fong funktionéiert. E private Promoteur, dee seng Stroosse baut an dee weess wou e seng Terrainë verkeeft, deen huet jo d'Méiglechkeet, datt en eng Finanzplanung mécht. Och deen huet wahrscheinlech eng Ligne de crédit iergendwou.

(Interruption)

Ma ja. An déi Ligne de crédit vum Fong, déi ass mam Gesetz vun 1965 dra gesat ginn, an déi Ligne de crédit ass zrëckbezuelt ginn. Déi besteet jo net méi. Also brauch de Stat keng Zësen ze bezuelen op enger Schold, déi net méi do ass. Wann d'Schold gedeckt ass, dann ass jo kee Besoin méi do.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Et wieren Zësen ugefall. Wann een d'Ligne de crédit beusprocht, dann entfale jo Zësen, Madame Minister. Si ass elo op null, mä si war awer net ëmmer op null.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Si war net ëmmer op null, mä si ass awer duerno gedeckt ginn. Si war jo och duerch d'Gesetz ofgeséichert. Si war jo och dem Fong zur Verfügung gestallt ginn. Wéi wëllt Der dann, datt eng Urbanisatioun nach viru funktionéiert, wann Der keng Ligne de crédit hutt? Et ass eng Ligne de crédit, déi duerch d'Gesetz geschafe ginn ass, déi beusprocht ginn ass, déi net méi elo gebraucht gëtt an déi deemno dem Fong d'Méiglechkeet gëtt fir ze schaffen, ze funktionéieren.

Ech hunn zur Kenntnis geholl, datt mer elo déi Bemierkungen hei kënnen ad acta leeën. Dat wëllt net soen, datt déi Diskussiounen iwwert d'Établissements publics eriwuer sinn. Ech wëll just hei soen, datt de Fonds de Kirchberg en Établissement public ass, deen eng eege Missioun hat an deen net wéi déi aner Établissements publics nëmmen een Objet hat, mä dee vergläichbar mat deenen ass, déi och Urbanisatioun maachen. Deen also vill Missiounen huet. An deem Sënn ass de Fonds de Kirchberg mat där neier Form hei a mat deene Modifikatiounen, déi u sengem Gesetz virgeholl si ginn, funktionärfäeg.

Ech denken, datt domat eng laang Polemik därëft en Enn hunn, eng Polemik, déi ënnert meng Period gefall ass, déi natierlech domat ze dinn huet, datt eise Stat mëttlerweil anescht funktionéiert. An domat répétéieren ech nach eng Kéier, Här President, wat ech hei scho gesot hunn. Et huet ëmmer den Uschäin, wann iergendeppes vun der Cour des Comptes beanstant gëtt, wéi wann do eppes geschitt wier wat net richtig wier. Mir hunn déi Cour agefouert op Grond vun enger Diskussioun vun Dysfonctionnement, wou e Minister demissionéiert huet, wou mer e ganze Stat...

(Brouhaha général)

... dohinner gesat hunn...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Jo, ech war Presidentin. Ech war Presidentin vun der Chamber 1992 wéi mer deen éischten Aarbechtsgrupp haten iwwert d'Cour des Comptes.

Une voix.- Ah, voilà!

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech weess dat nach. Den Här Mehlen war och dran, a mir haten auslännesch Experten. Mir hunn deemools ugefaangen ze schaffen a mir hunn eis schwéier gedinn domat, well mer keng richtig Form fonnt hunn, a wéi dunnt d'Diskussioun iwwert d'Dysfonctionnement komm ass, dann ass et op eemol séier gaangen. Dunn hate mer op eemol eng Cour des Comptes an dunnt hu mer eis an eng Situatioun beginn, wou mer och nach eng Kontrollkommissioun kritt hunn, a jiddfereen, d'Regierung an d'Chamber, déi muss sech mat deenen Instrumenter do ufrennen, d'Administratiounen, déi mussen de Contrôle financier unhuelen.

Mir alleguerten hunn eng Administratioun weider, an dat wat bei der Öffentlechkeet mat all deene Polemiken, wou mer eis alleguerte selwer schlecht sinn, duerschdrängt, dat ass wéi wann do gemauschelt géif ginn. An dat ass dat wat ech wëll soen, Här President, just an dësen Zäite solle mer alleguerten oppassen, ob mer d'Politik net definitiv esou schlecht maachen, datt et net méi vivabel gëtt, net heibannen an och net dobausse

fir déi, déi nokucken. Et geet drëm, eng kloer Gestiou vum de Statsfinanzen ze kréien. Do muss jiddferee sech fügen! Ech hu mech gefügt!

Une voix.- Mä da sot näischt esou, wann Der...

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Ech hu probéiert all Saachen esou ze maache wéi d'Kontrollkommissioun dat wollt, an dann deet et mer wéi wann ech ëmmer den Ennertoun nach héiere wéi wann do eppes net richtig gelaf wier.

Une voix.- Vu wien dann? Vu wien dann?

(Brouhaha général)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Ech nennen hei keng Nimm. Ech wëll just drop opmierksam maachen, datt et wichteg ass, datt mer soen ...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

... wann eng Cour des Comptes intervenéiert bei eppes, dann ass dat eng administrativ Praxis an dann huet een ze kucke wéi dat geet an dann huet dat net wéi eng Sensatioun schonn dobausse bekannt gemaach ze ginn. Där Fall hate mer!

Wann e Contrôle financier Saache refuséiert an e Minister muss e „passer outre“ maachen, fir datt d'Leit hir Sue kréien, dann ass dat net, datt de Minister eppes falsch gemaach huet, mä dann huet e versicht, deen deen drënner geschiedegt gi wier, wann en dat eventuell net gemaach hätt, ze schützen, an alles dat gëtt ëmmer duergestallt wéi wann dat Onregelméissegkeete wieren. Mir sollen eis gutt an Uecht huelen! Eise Stat funktionéiert nach propper. An dofir solle mer dat och respektéieren.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech muss lech éierlech soen, wann een hei op d'Tribün kënnt, och als Member vun der Regierung, an et fënnt een, datt verschidde Leit Saache gesot hunn, déi ee bleséiert hunn, da soll ee Ross und Reiter nennen an net allgemeng bleiwen an hei maache wéi wann all Member heibanne mat perséinlechen Attacken operéiert hätt, oder wat weess ech.

Ech hunn hei eng Ried gehalen, déi war sachlech. Ech hu souguer Beispiller geliwwert wou mer versicht hunn als Opposition hei mat der Majoritéit Léisungen ze fanne fir Problemer, déi eigentlech menger Meenung no um Niveau vun der Regierung, vum zoustännege Minister éischter hätte misse geleist ginn, wéi datt d'Chamber déi Aarbecht huet misse maachen. Dat heescht, datt mer eng konstruktiv Approche haten.

An ech muss lech soen, Här President, wat awer elo wierklech fir mech dem Faass de Buedem ausgeschloen huet, dat ass wann all déi Leit, déi sech hei d'Méi gi fir bei den Établissements publics generell dofir ze suergen, datt mer do transparent Strukturen kréien, hei duergestallt gi wéi wa se un näischt aneschtens interesséiert wärend wéi de Stat ze blockéieren, de Stat onflexibel ze maachen, all Établissement-publicen ofzeschaffen an ech weess net wat nach alles. Dat ass net de Fall!

Weder den Här Krecké nach ech selwer hu jeemools an iergendenger Commissioun verlaangt, d'Établissement-publicé missten ofgeschafft ginn. Dat Eenzegt, wat mer ëmmer gesot hunn, dat ass,

datt et sech bei den Établissements-publicen ëm Institutionen handelt, déi fir de Stat selbstverständlech flexibel schaffen, mä déi mat Milliarden öffentleche Gelder ëmginn, an dat Eenzegt, wat mir gären hätten, dat ass, datt mer do Transparenz an duerchsichteg Strukturen hunn an e gewëssene Contrôle besteet. Näischt anescht wéi dat hu mir bis elo verlaangt.

An, Madame Ministesch, wann et eng Rei Gesetzer gëtt, déi nun emol esou si wéi se sinn, da muss ech lech soen, dann ass et net esou, datt dës Chamber déi geschafen huet. Wa mer en Artikel 99 hunn, deen esou ausgeluecht ass wéi en ausgeluecht ass vun der Verfassung, a mir wëssen, datt verschidden Établissements publics géint deen Artikel 99 verstoussen, dann ass et net fir hei eropzekommen an deenen ze ënnerstellen, déi dorobber hiweisen, si wëllte per force fir alles bis an de leschten Detail den Artikel 99 uwenden an dofir de Stat blockéieren, mä dann ass et well déi Leit gären hätten, datt mer emol eng Kéier - an dat war de Wunsch an der Commissioun, zumindest vun der Opposition - am Kader vun deem Gesetz hei diskutéiert hätten iwwert d'Applikatioun vum Artikel 99 an datt mer zum Beispill versicht hätten en ze preziséieren oder eis Méiglechkeeten ze ginn, ouni en natierlech ofzeschaffen, fir datt mer besser Exekutiounsprozedure kréien am Kontext mam Artikel 99.

An ech wëll lech soen, wat mech wierklech elo rose gemaach huet, dat ass, datt Der heihinner kommt a maacht wéi wann d'Budgetskontrollkommissioun net um Ufank vun der Legislaturperiod lech eng Propos gemaach hätt wéi een hätt kënne hei weiderkommen. Dir sidd ganz am Ufank vun der Legislaturperiod eng Kéier mat Ärem Administrateur général an d'Kommissioun komm. Dir hutt eis eng Rei Proposé gemaach a wat fir eng Richtung, datt Der kéint denken an Zukunft am Kader vu Bauprojekten ze goen, an Dir hutt eis Modeller presentéiert wéi et an Däitschland an a Frankräich funktionéiert, an Dir hutt gesot ob et dann net méiglech wär zu Lëtzebuerg den Artikel 99, zumindest wat d'Exekutioun ubelaangt, esou auszeleeën, datt een ähnlech Modeller kënnt uwenden.

Do hu sämtlech Membere vun der Commissioun, och déi vun der Opposition, gesot, si géinge sech esou enger Diskussioun net verschléissen, mä et wär awer schlussendlech net um Parlament fir der Regierung hir Aarbecht ze maachen, an d'Regierung sollt da selwer mat konkrete Proposé kommen, wéi een do um legislative Plang Ännerunge kéint virbréngen. Da wär d'Parlament sécherlech dee Leschten, deen net bereet wär - och d'Opposition - fir dofir ze suergen, datt mer hei Prezisiounen krite.

Et kann awer net sinn, datt Der fënnef Joer laang kee Millimeter weiderkomm sidd an Ärem Ministère an deem dote Beräich an datt Der eis hei virwerft, wa mir drop hiweisen, datt d'Gesetzgebung nun emol esou ass wéi se ass, an eis de Reproche maacht wéi wa mir déi wärend, déi de Stat wëllte blockéieren! Madame Minister, dat ass net de Fall! Dir hutt deelweis Är Hausaufgaben net gemaach - dat muss ech lech ganz kloer soen - an deem dote Beräich, an dowéinst si mer op deem dote Punkt kee Millimeter weiderkomm.

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- An ech wëll lech och soen, wann Der hei behaupt, mir wärend déi Eenzegt, déi géinge behaupten, dass bei den Établissements publics alles wonnerbar géng fonctionnéieren, a mir géinge quasi op d'Beamte schéissen, da wëll ech lech soen, datt ee vun de wichtigste Wahlpräifsteng vun

der Hauptgewerkschaft vun der authenteschter Fonction publique nämlech ass dofir ze suergen, datt an Zukunft d'Établissement-publicen eng legal Basis kréien, e Kader kréien, datt och d'Beamten nach wësse wou se dru sinn.

Och d'CGFP verlaangt dat zimlech haart op der Tribün - sougutt am Novotel op hirer Conférence des comités huet se et verlaangt an och an hire Wahlpräifsteng steet et dran. Dofir wann ech gelift kommt dach net heihinner a maacht wéi wann d'Opposition déi Eenzegt wärend, déi géinge verlaangen, datt mer bei den Établissements-publicé misste légiféréieren an e kloert Kadergesetz schaffen! Souguer déi meescht, déi an der Fonction publique täteg sinn, verlaangen et selwer. Mä wann ech gelift da maacht Neel mat Käpp, mä maacht net der Opposition hei Reprochen!

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Krecké freet och Parole après ministre.

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Ech wëll mech de Wiederer vum Här Bausch uschléissen. Ech muss der Madame Ministesch soen, dass ech et enttäuschend fannen, wat Dir haut vu Prestatioun ginn hutt. Mir hunn lech eng fair Mataarbecht ugebueden, déi ganzen Zäit an där Commissioun, an Dir kënnt lech iwwert déi Commissioun an iwwer eis aner iwwerhaapt net bekloen! Dass Dir elo heihinner kommt an d'Saachen esou verdréint wéi Dir dat do gemaach hutt, ass fir mech inacceptabel. Dat mécht mech traureg.

Et kann een anscheinend vun der Opposition vis-à-vis vun engem Regierungsmitglied keng propper Zesummenaarbecht ubidden. Mir hu se ugebueden! Mir hu se fënnef Joer laang duerchgezunn! Mir hunn lech néierens opgehalen a mir hunn lech och net un de Pranger gehaangen, mä wat Dir hei gemaach hutt, déi Verdréiung vun den Tatsaachen, déi ass ganz schlemm, an Dir gitt hei dem Land nach just e Bild of wat lamentabel ass! Et deet mer Lead.

M. Lucien Weiler (*CSV*), *rapporteur*.- Här President!

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler!

Une voix.- Dat do geet awer net méi!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Lucien Weiler (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, ech wollt just eppes dozou soe wat den Här Krecké elo just gesot huet vum Verdréien hei.

Esou ass et net! D'Madame Minister huet eng Ried hei gehalen, wou se eng Rei vu Punkten, déi an hiren Ae Problemer duerstellen, opgeléicht a presentéiert huet. Op där anerer Säit huet se, wat dës Projet ubelaangt, expressis verbis d'Aarbecht vun deenen zwou Kommissiounen vun dëser Chamber ervirgestrach an déi Aarbecht gelueft, an et ass e Fait, datt se déi Propositionen vum Parlament alleguerten ugeholl huet, net bei enger hate mer Diskussiounen driwwer, dann därer een awer elo net heihinner kommen an eppes aneschtens behaupten. Hei gëtt wierklech d'Welt op de Kapp gestallt.

Déi Problemer, déi d'Madame Minister ugeschnidden huet, si Problemer, déi sech stellen an déi sech an hiren Aen akut stellen a wou ee muss drop agoen an déi sinn net vun all Riedner heibannen ugeschwat ginn. Et ass hiert

Recht an hir Aufgab fir Problemer unzeschneiden, déi sech stellen an op där anerer Säit ass déi Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass an deem Projet, zur Halschent vun der Regierung gemaach ginn. Déi aner Halschent si Propositionen vun deenen zwou Kommissiounen, vun Ärer Commissioun a vun der Commissioun vum Här Strotz an deementspriedend solle mer elo net gemeinsam déi Aarbecht hei, déi iwwregens am Fong vun alle Leit heibannen acceptéiert an ennerstrach ginn ass, schlecht maachen, andeems datt mer um Enn vun der Diskussioun hei elo a Polemike verfallen, déi net ubruecht si par rapport zu deem wat den Enjeu ass.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dat virleidend Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm a 25 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wilseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helmingier (par M. John Schummer), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel) et John Schummer.

A voté non: M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Aselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5315 iwwert d'Gesellschaft vun der Foire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Agedroe si schonn déi Häre Clement, Krecké, Greisen a Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabellen Här John Schummer. Här Schummer, et ass un lech.

10. 5315 - **Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1er mars 1973 autorisant le Gouvernement à accorder la garantie de l'État et une aide financière au profit de la „Société des Foires Internationales de Luxembourg“, Société anonyme à Luxembourg**

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. John Schummer (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5315 ännert d'Gesetz vum 1. Mäerz 1973, dat d'Regierung autoriséiert oder autoriséiert huet der Société anonyme „Société des Foires Internationales de Luxembourg“ eng Statsgarantie esou wéi eng Finanzhëllef ze ginn.

De Projet vun deem mer haut schwätze gouf den 19. Mäerz 2004 déposéiert. De Conseil d'État gouf den 8. Mäerz saiséiert an huet säin Avis den 20. Abrëll eraginn. D'Chambre des Employés privés huet hiren Avis de 25. Mäerz eraginn an de gemeinsamen Avis vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers ass vum 1. Abrëll. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre de Travail hunn hiren Avis den 9. Abrëll ofginn.

D'Chamberkommissioun vun der Économie, Énergie, Transport an der Post huet an hirer Sitzung vum 27. Abrëll mech zum Rapporteur genannt an och de Projet an déi verschidden Avisen examinéiert an de Rapport, deen Der virleien hutt, gouf de 6. Mee ugeholl.

An dësem Projet geet et drëm de Stat ze autoriséieren déi zwou Gesellschaften, à savoir d'Société des Foires Internationales de Luxembourg, ofgekierzt d'FIL, an d'Société immobilière du Parc des Expositions de Luxembourg, ofgekierzt SIPEL, bei der Restrukturatioun finanziell ze ënnerstëtzen. Dës Restrukturatiounsprojet huet zwee Voleten.

Deen éischte Volet ass eng nei Stratégie commerciale, dat heescht, den Développement vun der Aktivitéit „foires et salons spécialisés“, esou wéi d'Aktivitéit fir de grouss Public. An deem zweete Volet ass eng Verstärkung vun de finanzielle Mëttelen, fir déi zwou Gesellschaften duerch eng Augmentation de capital vun der FIL an duerch den Apurement vun hiren accumuléierte Scholde vis-à-vis vun der SIPEL, esou wéi de Remboursement anticipé vun engem Deel Bankscholde vun der SIPEL, an zwar déi duerch den externen Deelfinanzement vun hirem Immobiliebesëtz.

D'Regierung, fir hir Participation en capital vun der SIPEL ze verstärken a fir mam Fonds d'urbanisation de Kirchberg deenen eenzegen Aktionär ze ginn, keeft also éischens de Privataktionären aus der SIPEL, esou wéi zweetens der Spuerkeess an der Stad Lëtzebuerg hir Aktien op. De Montant vu 4.179.354 Euro couvriert den Akafswäert vun deenen Aktien, déi bis elo vun dem Grupp AR-BED-Arcelor, der Spuerkeess, der Dexia-BIL, der BGL, der KBL, der ING-Crédit Européen, der FIL an der Stad Lëtzebuerg gehale goufen. Esou gëtt de Staf majoritaire mat 66,41% an de Fonds de Kirchberg gëtt minoritaire mat 33,59%. Dës Transaktioun augmentéiert dem Stat seng Participatioun am Kapital vu 7.188.692 Euro op 11.368.046 Euro.